# DE FUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

1 | 2024

BULLETIN COMMUNAL





*Foto: Georges Koster*
*Coverfoto: Damaris*

# DËST STEET HEI DRAN


Virwuert 3

## D'GEMENG
### *LA COMMUNE*

Gemengerot 4
Conseil communal 13
Zivilstand // État civil 22
Mir gratuléieren 23
Interview Martine Dimmer 24
Interview Yolande Kirsch 26
Pit Larry 28
Nei Mataarbechterin fir d'Gemeng Waldbëlleg 28
D'Ried fir Commemoratiounsdag 29

## SCHOUL & MAISON RELAIS
### *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

An der Schoul 31
Adventsmaart 32
Maison relais 34

## VERÄINER
### *ASSOCIATIONS*

D'Chrëstnecher Aeromodellisten 36
Jonk & Al 38
Club des Jeunes 40
Uergelfrënn Waldbëlleg 42
Ëmmer Fit 42
Frënn vun de Pompjeeën Gemeng Waldbëlleg 44
Kalatou Asbl 49
FC Olympia Christnach/Waldbillig 50

## KULTUR A GESCHICHT
### *CULTURE ET HISTOIRE*

D'Concerte vun den Uergelfrënn 52
D'Heringerbuerg am Mëllerdall ass eng Wanderung wäert! 53
D'Lidd vum Hierger Här vum Michel Rodange 54

## LIEWEN AN DER GEMENG
### *VIE RURALE*

Am Recyclingcenter zu Jonglënster 56
Buergermeeschterinnendag 2023 58
Dispensaire à/in Larochette 59
Chrëschtmaart op der Heringer Millen 60
Adventsfënster-Trëppeltour 62
D'Heinzelmännercher 64
Casa da Sangria 66

## KLIMAPAKT AN NATURPAKT
### *PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE*

Tour du Duerf an der Gemeng Waldbëlleg 68
Durabilité et environnement 70
Nachhaltigkeit macht Schule 71
Schön & wild! 73

## WAT ASS LASS?
### *QUE FAIRE ?*

Agenda 78
Gemengerot 79
Restauranten a Café 79


## VILL FREED BEIM LIESEN!
## *BONNE LECTURE !*



Foto: Damaris




*Foto: Martine Dimmer*

# Virwuert

**Léif Awunnerinnen an Awunner
aus der Gemeng Waldbëlleg,**

dat neit Joer 2024 huet ugefaang a mir sinn nees mat Schwong bei der Aarbecht. Den neie Gemengerot ass scho fir e puer Gemengeréit zesummekomm. Déi verschidde Posten an de Syndikater a Kommissioune goufen opgedeelt. De Budget fir 2024 steet, mir hu vill Projeten dra stoen.

Hei eng Kuerzfaassung vun deem, wat weidergedriwwe gëtt an entsteet:

- Den Ausbau vun der Gemeng huet d'lescht Joer ugefaang an de Réibau wäert dëst Joer entstoen. Dofir plënnert d'Administratioun elo op Chrëschtnech an de Veräinsbau. D'Schoul gëtt vergréissert mam Bau vu fënnef neie Säll. D'Maison relais gëtt och ausgebaut, do kommen zwee nei Säll bäi fir 42 Kanner. Mir schaffe weider um Gesamtkonzept fir d'Schoul an d'Maison relais. Mir si beméit, eis Infrastrukturen den zukünftegen Ufuerderungen unzepassen.

- Weider Aarbechte ginn un den Infrastrukturen ewéi dem Waasserleitungsnetz, dem Kanal, de Feldweeër an de Gemengestroosse mat hirer Beliichtung ausgefouert. Eng Verlinkung vun de Quellen Härebur a Schéissendëmpel gëtt gebaut an de Chantier vun der Bëlleger Baach am Mëllerdall soll realiséiert ginn.

- D'Gemeng huet den Hotel des Cascades am Mëllerdall kaaft, mam Zil den Tourismus am Mëllerdall weider ze stäerken a fir am Deel Residenz Logementer ze schafen. Dat Ganzt ass e risegt Gebai mat ganz vill Potenzial.

- Mir si frou, dass et an eiser Gemeng vill aktiv Veräiner gëtt a mir wäerten si och weiderhi staark ënnerstëtzen.

- Déi al Buvette beim Fussballsterrain gouf ofgerappt an et entsteet elo do e modernt Gebai mat Versammlungsraum, enger Buvette, Garagen a Stockagëraim.

Mir wënschen Iech vill Freed beim Liese vum éischte FUUSS fir 2024.

*Äre Schäfferot*

**Impressum**

Redaktioun vum FUUSS: Marc Barthelemy, Luc Friedrich, Yolande Kirsch, Corinne Meyers, Isabelle Oberlé, a Karin Enser fir d'Korrekturen
Reegelméisseg Fotoen: Georges Koster, Damaris Pletschette
Hëllef op der Gemeng: Pit Beckené, Martine Dimmer, Andrée Henx-Greischer, Kim Ruppert, Filipe Soares, David Sonnetti
Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter
Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.
Responsabelen Éditeur: Gemeng Waldbëlleg

Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vun den Auteuren aus a ginn ënnert hirer Responsabilitéit publizéiert.

Am FUUSS gëtt meeschtens net gegendert, mee de Generis masculinum geholl. Frae gi mat si/se bezeechent.

# D'GEMENG // *LA COMMUNE*

## GEMENGEROT

Vun de Sëtzungen am Gemengerot ginn am FUUSS d'Decisioune publizéiert, déi de Gemengerot geholl huet. Et gëtt keen integrale Rapport vun den Diskussiounen.

D'Audio-Opname vun den Debatte ginn als Audiodatei um Internetsite *www.waldbillig.lu* fir 6 Méint gespäichert, an der Rubrik *Quotidien* mam Titel *Séance du conseil communal*.



*Foto: Jojo Tholl*

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2023/9

**Sëtzung vum Méindeg, dem 2. Oktober 2023**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// SONNETTI David, Ersatzsekretär.

Entschëllegt:

// GOEDERT Jeannot, Conseiller.

**Dagesuerdnung**

**Net ëffentlech Sëtzung**

| | |
|---|---|
| 2023-09-01 | Eventuell Uschafungen. |

**Ëffentlech Sëtzung**

| | |
|---|---|
| 2023-09-02 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2023-09-03 | Bewëllegung vum Gestiounsplang fir d'Gemengebëscher fir 2024. |
| 2023-09-04 | Ofännerung vum interne Gemengerotsreglement vum 07.02.2019. |
| 2023-09-05 | Ernenne vun de Membere vun de berodende Kommissioune fir d'Period 2023-2029. |
| 2023-09-06 | Ernenne vun de Membere vun der Klimaekipp fir d'Period 2023-2029. |
| 2023-09-07 | Bewëllegung vun engem notariellen Akt. |
| 2023-09-08 | Bewëllegung vun engem Mietvertrag. |
| 2023-09-09 | Järleche Plang 2024 vun den Aarbechten un de Feldweeër. |
| 2023-09-10 | Schäfferotserklärung fir d'Period 2023-2029. |
| 2023-09-11 | Verdeele vum Recht op zousätzlech Stonne politesche Congé fir d'Delegéiert an de Gemengesyndikater an deenen d'Gemeng Waldbëlleg Member ass. |
| 2023-09-12 | Ernenne vun engem Stellvertrieder vun der Gemeng Waldbëlleg am Comité Natura 2000 vun der Regioun Mëllerdall (COPIL). |
| 2023-09-13 | Ernenne vun engem Stellvertrieder vun der Gemeng Waldbëlleg am Begleedungscomité fir d'Drénkwaasser an der Regioun vum Naturpark Mëllerdall. |
| 2023-09-14 | Ernenne vum Klimaschäffen. |
| 2023-09-15 | Bewëllegung vum Devis betreffend den ënnerierdesche Passage fir Foussgänger ënner der Präitelerbréck. |
| 2023-09-16 | Upasse vun de kommunale Subventioune fir déi rational Notzung vun der Energie an den natierleche Ressourcen a fir d'Opwäertung vun erneierbaren Energien am Beräich vum Logement. |

2023-09-17 Entscheedung fir d'Parzellen, déi um Kadaster ënner den Nummeren 215/1890 an 58/8, Sektioun A vun Haler agedroe sinn, an de Reseau vun de geschützten Zonen ze integréieren.
2023-09-18 Entscheedung iwwer eng ëffentlech Stee vun Okkasiounsmaterial vun der Gemeng.
2023-09-19 Subsidufroen.
2023-09-20 Verschiddenes.

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir folgende Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

2023-09-21 En Tourissemskonzept fir de Site Mëllerdall

**1.** Well de Punkt 2023-09-01 ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet stattfënnt an dësen nom Discours net opgehuewe gëtt, gëtt keen Detail publizéiert.

**2.** De Schäfferot äntwert op d'Froe vum Gemengerot.

**3.** De Gemengerot bewëllegt eestëmmeg de Gestiounsplang fir d'Joer 2024 iwwer d'Gemengebëscher wéi folgend:

| | Gehälter | Rechnungen | Investissementer | Einnamen |
|---|---|---|---|---|
| Nohalteg Gestioun a Schutz vun de Bëscher | 50.500,00 | 70.000,00 | 120.500,00 | 84.000,00 |
| Sensibilisatioun an Informatioun vun der Ëffentlechkeet | 7.000,00 | 11.500,00 | 18.500,00 | |
| Logistik a Personal | 9.500,00 | 18.500,00 | 28.000,00 | |
| | 67.000,00 | 100.000,00 | 167.000,00 | 84.000,00 |

**4.** De Gemengerot bewëllegt d'Ofännerung vum interne Gemengerotsreglement laut den Dispositioune vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, wéi vum Schäfferot proposéiert.

**5.**

a) De Gemengerot ernennt d'Maïté Dielissen, d'Danielle Mehlen, d'Corinne Meyers an d'Harpa Tordardottir als Membere vun der Schoulkommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg.

b) De Gemengerot ernennt d'Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch, de Christian Berens, Conseiller, d'Corinne Meyers, Schäffen, d'Sybille Dammé, de Jean-Paul Greisch, den Hervé Lapnet an d'Marie-Rose Majerus-Weis als Membere vun der Integratiounskommissioun.

c) De Gemengerot ernennt de Romain Tobes, Conseiller, den Tom Boes, d'Liz Henx, de Jeff Mirkes, d'Ulrike Sauer, de Serge Schroeder an de Jean-Joseph Tholl, als Membere vun der Bautekommissioun.

d) De Gemengerot ernennt de Mike Michels an de Christian Berens, Conseilleren, de Cyrill Berger, den Arsenio Ferreira, d'Liz Henx, den Thierry Hild, d'Catherine Schwarz an de Romain Wies als Membere vun der Beweegungskommissioun.

e) De Gemengerot ernennt de Maxime Bender an de Romain Tobes, Conseilleren, de Marc Feidt, d'Yolande Kirsch, Conseillère, den Hervé Patrick Lapnet, de Miguel Moreira, de Romain Wies an d'Claire Larry als Membere vun der Kultur- an Tourissemskommissioun.

f) De Gemengerot ernennt de Marc Barthelemy, d'Conseillèren Yolande Kirsch an d'Corinne Meyers, de Luc Friedrich an d'Isabelle Oberlé als Membere vum Redaktiounscomité vum Gemengebuet DE FUUSS.

**6.** De Gemengerot ernennt de Serge Boonen, Schäffen, de Marc Feidt, d'Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch, d'Yolande Kirsch, Conseillère, de Jeannot Goedert, de Mike Michels, Conseilleren, de Jean-Joseph Tholl, de Romain Tobes, de Christian Berens, Conseilleren, de Charel Gleis, de Jean-Paul Greisch, den Tom Boes an de Georges Koster als Membere vun der Klimaekipp fir d'Periode 2023-2029.

**7.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zum notariellen Akt vum 26.07.2023 laut deem Privatleit der Gemeng eng Emprise iwwerloossen, déi zu Waldbëlleg läit an um

Kadaster ënner der Nummer 448/4798, Sektioun B vu Waldbëlleg agedroen ass an eng Fläch vu 27 Zentiar huet. Am Géigenzuch kréien d'Leit vun der Gemeng eng Parzell, déi laanscht hiren Terrain verleeft an um Kadaster ënner der Nummer 445/4839, Sektioun B vu Waldbëlleg, och mat enger Fläch vu 27 Zentiar.

**8.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Mietvertrag vum 26. September 2023 laut deem eng Privatpersoun der Gemeng Waldbëlleg e Silo verlount. Dëse Silo läit op enger Parzell, déi um Kadaster ënner der Nummer 789/4228, Sektioun B vu Waldbëlleg agedroen ass a gëtt zum Präis vun 150,00 € pro Mount verlount.

**9.** De Gemengerot hält de Programm betreffend d'Erneierungsaarbechten, déi wärend dem Joer 2024 un de Feldweeër solle virgeholl ginn, wéi follgend fest:

| **Uertschaft** | **Sektioun** | **Lieu-dit** | **Art vun den Aarbechten** | **Längt** |
|---|---|---|---|---|
| Waldbëlleg | B | Seitert | Neie Belag an Uewerflächeprofil | +/- 1.650 m |
| Chrëschtnech | C | Beim Heffingermoor | Neie Belag an Uewerflächeprofil | +/- 800 m |

**10.** No de Gemengewale vum 11. Juni 2023 an nom positive Bilan vun de leschte Joren, dee mam Walresultat bestätegt gouf, presentéiert de Schäfferot seng Erklärung mat de wichtegsten Ziler, wéi d'Weiderféiere vu Projeten, déi schonn initiéiert goufen an d'Ugoe vun neie Projeten am Intérêt vun der Gemeng Waldbëlleg an hiren Awunner.

**11.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis fir de Punkt 2023-09-11 – Verdeelung vum Recht op zousätzlech Stonne fir politesche Congé fir d'Delegéiert an de Gemengesyndikater, an deenen d'Gemeng Waldbëlleg Member ass, op d'Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssëtzung ze reportéieren.

**12.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den Här Romain Tobes, Conseiller, als offizielle Stellvertrieder vun der Gemeng Waldbëlleg am Comité Natura 2000 vun der Regioun Mëllerdall (COPIL) ze ernenne fir d'Periode 2023-2029.

**13.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den Här Romain Tobes, Conseiller, als offizielle Stellvertrieder vun der Gemeng Waldbëlleg am Begleedungscomité fir d'Drénkwaasser an der Regioun vum Naturpark Mëllerdall, fir d'Period 2023-2029 ze ernennen.

**14.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, am Kader vum Bäitrëtt vun der Gemeng Waldbëlleg am Klimapakt 2.0, d'Madamm Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch, als Klimaschäffen ze ernennen.

**15.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den Devis betreffend den ënnerierdesche Passage ënner der OA 355 Präitelerbréck, deen op Basis vun enger detailléierter Opdeelung vun de Käschten, déi vun de Ponts & Chaussées opgestallt gouf, zu engem Gesamtmontant vu 496.609,96 € TTC unzehuelen.

**16.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Gemengereglement vum 17. Juli 2019 unzepassen iwwer déi kommunal Subventioune fir déi rational Notzung vun der Energie an den natierleche Ressourcen a fir d'Opwäertung vun erneierbaren Energien am Beräich vum Logement, wéi vum Schäfferot proposéiert.

**17.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Parzellen, déi um Kadaster ënner den Nummeren 215/1890 an 58/8, Sektioun A vun Haler agedroe sinn, an de Reseau vun de geschützen Zonen ze integréieren.

**18.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, eng ëffentlech Stee ze organiséieren, fir verschiddent Material vun der Gemeng un de Meeschtbiddenden ze verkafen.

**19.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den heite Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen :

- SOS Faim Luxembourg
- OTM Haïti
- UP_ Foundation
- Jugend Pompjeeën Gemeng Konsdref

**20.** Ënner dem Punkt 2023-09-20 – Verschiddenes gi verschidden aktuell Themen diskutéiert, déi am Zesummenhang mat der Gemeng stinn.

**21.** Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, folgende Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

2023-09-21 En Tourissemskonzept fir de Site Mëllerdall.

*Duerch déi aktuell Verännerungen am Mëllerdall stellt sech d'Fro wéi sech den touristesche Site entwéckele soll, a wéi eng Roll d'Gemeng do soll spillen.*

- Mir froen de Gemengerot, dem Schäfferot den Optrag ze ginn, zäitno en touristescht Konzept fir de Site Mëllerdall auszeschaffen, an dem Gemengerot zur Diskussioun ze presentéieren.

Opgrond vun den Diskussiounen, déi wärend der haiteger Sëtzung virdru waren, entscheet de Gemengerot eestëmmeg dëse Punkt op d'Dagesuerdnung vun enger nächster Gemengerotssëtzung ze reportéieren.



*Foto: Damaris*

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2023/10

**Sëtzung vum Donneschdeg,dem 26. Oktober 2023**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// SONNETTI David; Ersatzsekretär

**Dagesuerdnung:**

| | |
|---|---|
| 2023-10-01 | Definitiv Nominatioun vun engem Beamten am Gehältergrupp C1, am techneschen Déngscht. |
| 2023-10-02 | Ernennung vun engem Beamten am Gehältergrupp B1, am administrativen Déngscht. |
| 2023-10-03 | Eventuell Entscheedung fir verschidden Uschafungen. |
| 2023-10-04 | Datumer fir d'Veröffentlechung vum „DE FUSS 2024-1 an 2024-2". |
| 2023-10-05 | Entscheedung iwwer eng zukünfteg Zesummenaarbecht mat der Nordstadjugend 2024. |
| 2023-10-06 | Verdeele vum Recht op zousätzlech Stonne fir politesche Congé fir d'Delegéiert an de Gemengesyndikater an deenen d'Gemeng vertrueden ass. |
| 2023-10-07 | Zoustëmmung fir en éischte Projet zum Ëmbau vun der Maison relais. |
| 2023-10-08 | Entscheedung zum Kaf vu verschiddene Parzellen an der Gemeng Waldbëllg section C – Chrëschtnech. |
| 2023-10-09 | Ernenne vun engem Delegéierten am Conservatoire du Nord. |
| 2023-10-10 | Ernenne vun engem Vetrieder am Comité vun der Museksschoul zu Iechternach. |
| 2023-10-11 | Ännerung vum extraordinäre Budget. |
| 2023-10-12 | Geneemegung fir eng Servitude fir den ëffentlechen Notzen. |
| 2023-10-13 | Gebrauch vum Virkafsrecht fir de Kaf vu Parzellen zu Waldbëlleg an zu Chrëschtnech. |
| 2023-10-14 | Ufro fir en extraordinäre Budget vun de Jugendpompjeeë Konsdref fir d'Organisatioun vum regionalen Zeltlager am Osten. |
| 2023-10-15 | Ufro vum Veräin „Ëmmer Fit Waldbëlleg" fir en extraordinäre Budget fir de Finanzement vu Material |
| 2023-10-16 | Ufro vun der Associatioun Andamos a.s.b.l fir en extraordinäre Budget. |
| 2023-10-17 | Subsidienufroen. |
| 2023-10-18 | Froe vun de Membere vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2023-10-19 | Verschiddenes. |

**1.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, dem Här Pit Larry eng definitiv Nominatioun ze ginn als Beamten aus der Gehälterklass C, am techneschen Déngscht vun der Gemeng Waldbëlleg.

**2.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Madamm Joëlle Marie Duschang als Gemengebeamtin anzestellen an der Gehälterklass B1 an dëst op begrenzten Zäit vun engem Joer vum 01.12.2023 un.

**3.** Fir de Punkt 2023-09-01 ass den Huis-Clos net opgehuewe ginn, deemno gëtt d'Diskussioun doriwwer net veröffentlecht.

**4.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Datumer festzeleeë fir d'Veröffentlechung vum DE FUUSS 2024-1 an 2024-2, wéi se vun der Redaktioun virgeschloe gi sinn.

**5.** De Gemengerot schwätzt sech eestëmmeg fir eng Zesummenaarbecht mat der asbl Nordstadjugend aus fir d'Joer 2024.

**6.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg iwwer d'Verdeele vum Recht op zousätzlech Stonne fir politesche Congé fir d'Delegéiert an de Gemengesyndikater, an deenen d'Gemeng vertrueden ass.

**7.** De Gemengerot stëmmt den Avant-Projet vum Ëmbau fir d'Maison relais zu Waldbëlleg, dee vum Büro Planet + S.C. architectes et urbanistes ausgeschafft ginn ass, mat engem Montant vun 1.537.395,40 €.

**8.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, en Akafspräis vun 250 €/ar fir Terrainen ze bidden, déi an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun C vu Chrëschtnech leien, mat der Gesamtgréisst vun 4 ha 71 ar 10 ca.

**9.** De Gemengerot nennt den Här Maxime Bender, Gemengeconseiller, als Delegéierte vum Conservatoire du Nord.

**10.** De Gemengerot nennt den Här Maxime Bender, Gemengeconseiller, als Vertrieder fir d'Gemeng Waldbëlleg an der Musekschoul zu Iechternach.

**11.** De Gemengerot entscheet, d'Kreditter vum Projet vun der Ënnerféierung fir Foussgänger a Mountainbiker bei der Präiteler Bréck ze änneren.

**12.** De Gemengerot stëmmt der Conventioun zou, déi tëschent enger Privatpersoun an der Gemeng Waldbëlleg geschloss ginn ass, fir d'Duerchgangsrecht mat enger Waasserleitung vu 700 m duerch d'Grondstéck, dat am Kadaster ënner follgenden Nummeren ageschriwwen ass: 1179/3806, 1206/1207, 1197/0, 1195/0, 1194/2854, 1172/0, 256/2, Sektioun B Waldbëlleg.

**13.**

a) De Gemengerot verzicht eenheetlech op säi Virkafsrecht vun de Parzelle geleeën an der Sektioun C vu Chrëschtnech, am Kadaster agedroen ënner der Nummer18/4494, Uert „Gaessel", mat enger Gréisst vun 9 Zentiar a vun där agedroen ënner der Nummer 28/4498, um Uert „Schoulstrosss", mat der Gréisst vun 18 Ar an 1 Zentiar.

b). De Gemengerot verzicht eenheetlech op säi Virkafsrecht vun der Parzell ageschriwwen am Kadaster Sektioun B vu Waldbëlleg, ënner der Nummer 566/4440, Uert „rue André Hentges".

**14.** De Gemengerot entscheet, dem Veräin Jugendpompjeeë Konsdref en extraordinäre Subsid an Héicht vu 700 € ze ginn fir d'Organisatioun vum regionalen Zeltlager Osten.

**15.** De Gemengerot entscheet, dem Veräin „Ëmmer Fit" en extraordinäre Budget vun 1.293,40 € zouzespriechen, dee geduecht ass fir den Akaf vu Sportsmaterial.

**16.** De Gemengerot entscheet, der Associatioun Andamos a.s.b.l. e Subsid ze ginn an Héicht vun 1.000 €.

**17.** De Gemengerot entscheet, de Stroossenengelen, Padem, an der Fleegeelteren Lëtzebuerg a.s.b.l. e Subsid vu 75 € ze ginn.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2023/11

**Sëtzung vum Donneschdeg, dem 30. November 2023**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, Schäffen,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// SONNETTI David, Ersatzsekretär.

Entschëllegt:

// BENDER Maxime, Conseiller.

**Dagesuerdnung**

**Net ëffentlech Sëtzung**

| | |
|---|---|
| 2023-11-01 | Entscheedung iwwer eng eventuell Uschafung. |

**Ëffentlech Sëtzung**

| | |
|---|---|
| 2023-11-02 | Virstellung vun der aktueller Situatioun vum Klimapakt. |
| 2023-11-03 | Bewëllegung vum Ressourcëkonzept vun der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Klimapakt. |
| 2023-11-04 | Upassung vum Text iwwer déi kommunal Subventioune fir d'rational Notzung vun der Energie an d'Opwäertung vun erneierbaren Energien am Beräich vum Logement. |
| 2023-11-05 | Gewéinlech budgetär Ofännerungen. |
| 2023-11-06 | Aussergewéinlech budgetär Ofännerungen. |
| 2023-11-07 | PAP Hierheck „in Waeschent". |
| 2023-11-08 | Bewëllegung vun enger Ofännerung vum Circulatiounsreglement vun der Gemeng Waldbëlleg. |
| 2023-11-09 | Ufro iwwer den Interêt vun der Gemeng fir de Kaf vu verschiddene Parzellen, déi an der Sektioun A vun Haler leien. |
| 2023-11-10 | Subsidufroen. |




2023-11-11 Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.
2023-11-12 Verschiddenes.

1. Well de Punkt 2023-11-01 ënner dem Ausschloss vun der Ëffentlechkeet traitéiert ginn ass, gëtt den Discours net veröffentlecht.

2. Déi aktuell Situatioun vum Klimapakt vun der Gemeng Waldbëlleg gouf dem Gemengerot virgestallt.

3. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Ressourcë-konzept vun der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Klimapakt ze bewëllegen.

4. De Gemengerot hält eestëmmeg eng liicht Ännerung vum Text vum Gemengereglement fest, datt e Regime vu finanziellen Hëllefe fir physesch Persoune betreffend d'Fërderung vun der rationaler Notzung vun der Energie an d'Opwäertung vun erneierbaren Energien am Beräich vum Logement agefouert ginn ass. Mat där Ännerung ginn d'Demarchen, fir Demanden eranzereechen, vereinfacht.

5. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de gewéin-leche Budget vum Exercice 2023 wéi follgend ze änneren mat engem Surplus un Ausgabe vun engem Montant vun 145.335,10 €.

6. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Kreditter vun engem Artikel erofzesetzen, fir déi vun engem aneren Artikel kënnen eropzesetzen.

7. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de PAP „Neie Quartier“ betreffend Fongen, geleeën zu Chrëschtnech am Uert „In Waeschent“ ze refuséieren, fir de Reklamatioune vun den Urainer, betreffend deen erhéichte Risiko vun Héichwaasser an der Hierheck, Rechnung ze droen.

8. De Gemengerot entscheet, säin Averständnes ze ginn zum Avenant vum Gemengecirculatiounsreglement vum 29. Juni 2017, esou wéi vum Schäfferot virgeschloen.

9. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, sech géint de Kaf vu Parzellen auszeschwätzen, déi um Territoire vun der Gemeng Waldbëlleg, an der Sektioun A vun Haler an den Uerter „Beim Muehlenweg“ an „auf dem obersten Pesch“ leien. Et handelt sech ëm d'Parzellen, déi um Kadaster ënner den Nummeren 645/948, 647/143, 671/1754, 674/267, 617/0, 679/851, 679/852, 696/561, 697/382, et 671/1753 agedroe sinn an eng Gesamtfläch vu 418 Ar hunn.

10. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, follgende Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen :

- Noël de la rue a.s.b.l.
- Fir d'Kanner a Latäinamerika
- Fondation Autisme Luxembourg
- Action pour un monde uni

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2024/01

**Sëtzung vum Donneschdeg, 18. Januar 2024**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, Schäffen,
// GOEDERT Jeannot,
// BERENS Christian,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// BENDER Maxime, Conseiller.

De Conseiller BENDER Maxime huet dem Conseiller TOBES Romain eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ze stëmmen.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2024-01-01 | Festleeë vu Raimlechkeete fir d'Gemengerotsëtzungen fir den Zäitraum vum Ëmbau vum Gemengegebai. |
| 2024-01-02 | Bewëllegung vun zwee Protokollen iwwer déi ëffentlech Stee vun Immobilien, déi den 13.12.2023 stattfonnt huet. |
| 2024-01-03 | Decisioun iwwer déi zukünfteg Notzung vun de Gebailechkeete vum „Hotel des Cascades" an der dozougehéirender Residenz. |
| 2024-01-04 | Rektifizéierte Budget 2023. |
| 2024-01-05 | Budget 2024. |
| 2024-01-06 | Bewëllege vum Klima-Upassungskonzept am Kader vum Klimapakt vun der Gemeng Waldbëlleg. |
| 2024-01-07 | Verlängerung vun den Auerzäite fir den Ausschank vun alkoholesche Getränker op verschiddene Fester an der Gemeng Waldbëlleg wärend dem Joer 2024. |
| 2024-01-08 | Projet fir d'Chrëschtnecher Feldweeër a Stand ze halen. |
| 2024-01-09 | Ofschafe vu verschiddene Gemengentaxen. |
| 2024-01-10 | Subsidufroen. |
| 2024-01-11 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2024-01-12 | Verschiddenes. |

**1.** De Gemengerot leet eestëmmeg de Veräinsbau zu Chrëschtnech (7, Fielserstrooss – Agang rue Hierheck) fir d'Reunioune vum Gemengerot fest, wärend der Dauer vun den Ëmbauaarbechte vun der Gemeng.

**2.** De Gemengerot hëlt eestëmmeg déi zwee Protokolle vun der ëffentlecher Stee vum 13. Dezember un, an zwar:

a) deen op d'Faillite vun Immobilien, déi am Kadaster vun der Gemeng Waldbëlleg agedroe sinn, Sektioun D vum Mëllerdall, Nummer 1118/3539, Uert „Möllerdall", Plaz, vun enger Fläch vu 5,35 Ar; Nummer 1126/3510, selwechten Uert, Akerland, mat enger Fläch vu 6,58 Ar an engem Gebai a Koproprietéit mat enger Plaz an all aner Unhäng genannt „Réserve du Mullerthal – rue des Rochers" geleeën 1, rue des Rochers L-6245 Mullerthal, mam Privileeg vum Ausschank; Nummer 1119/3540, Uert „rue des Rochers" Plaz (besat) Gebai mat Appartementer, mat enger Fläch vun 31,10 Ar, déi a privater an exklusiver Proprietéit ass an a forcéierter Indivisioun;

b) dee vun de véier Hotel Studioen am Hotel Réserve du Mullerthal, déi vun hire jeeweilege Proprietaire verkaf ginn.

**3.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, an d'Renovatioun vum „Hotel des Cascades" ze investéieren. An éischter Linn soll den Tourismus gefërdert ginn a Wunnraum am Mëllerdall geschaf ginn. Et gëtt eng Etude gemaach, wéi eng Moossname geholl musse ginn.

**4.** De Gemengerot hëlt de rektifizéierte Budget eestëmmeg un.

**5.** De Gemengerot hëlt de Budget 2024 eestëmmeg un.

**6.** De Gemengerot stëmmt eestëmmeg fir d'Klima-Upassungskonzept am Kader vum Klimapakt vun der Gemeng Waldbëlleg.

**7.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Auerzäite wärend dem Joer 2023 fir den Ausschank vun alkoholeschem Gedrénks op verschiddene Fester an der Gemeng Waldbëlleg ze verlängere fir National-feierdag vum 22.06.20223 op den 23.06.2023,

d'Kiermessen zu Haler, Chrëschtnech a Waldbëlleg an op Sylvester.

**8.** De Gemengerot stëmmt eestëmmeg den Devis fir de Reamenagement vun de Feldweeër „Seitert" zu Waldbëlleg mat enger Längt vu 700 Meter a „Beim Heffinger Moor" zu Chrëschtnech mat enger Längt vun 300 Meter fir zesumme 552.000,00 €.

**9.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, déi zwou verbleiwend Taxen am Wäert vu 5 € fir d'Demande vun enger Carte d'identité oder engem Pass ofzeschafen.

**10.** De Gemengerot decidéiert

- mat 5 Stëmmen (d'Conseillere Bender, Berens, Goedert, Michels, Tobes) géint 4 Stëmmen e Subsid an Héicht vu 75 € un „d'Landjugend a Jongbaueren Süden asbl" auszebezuelen am Kader vun der Organisatioun vum Landjugend-dag;
- mat 8 Stëmmen géint 1 Stëmm (de Conseiller Michels) géint e Subside fir 4 Schüler aus dem Lycée technique vu Lalléng am Kader vun engem Projet an Zesummenaarbecht mat der „Een Häerz fir kriibskrank Kanner asbl";
- eestëmmeg follgenden Associatiounen e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:
  - Memoshoah Luxembourg asbl,
  - Natur & Ëmwelt asbl
  - Association ELA Luxembourg asbl
  - Aide à l'enfance de l'Inde et du Népal
  - LUkraine asbl
  - Croix rouge luxembourgeoise
  - Fondation EME



*Foto: Damaris*

# CONSEIL COMMUNAL

Les décisions du conseil communal, sont publiées au bulletin communal FUUSS. Il n'existe pas de rapport intégral des discussions.

Il n'y a pas de rapport écrit des discussions, mais les débats sont enregistrés et publiés comme fichier audio sur le site *www.waldbillig.lu* pendant six mois, sous la rubrique *Quotidien* avec l'intitulé *Séance du conseil communal*.



*Foto: Jojo Tholl*

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2023/9

**Séance du lundi, 2 octobre 2023**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, échevins,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// SONNETTI David, secrétaire remplaçant.

Excusé :

// GOEDERT Jeannot, conseiller.

**Ordre du jour**

**Séance à huis clos**

| | |
|---|---|
| 2023-09-01 | Acquisitions éventuelles. |

**Séance publique**

| | |
|---|---|
| 2023-09-02 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2023-09-03 | Approbation du plan de gestion des forêts communales 2024. |
| 2023-09-04 | Modification du règlement d'ordre intérieur du conseil communal du 07.02.2019. |
| 2023-09-05 | Nomination des membres des commissions consultatives pour la période 2023-2029. |
| 2023-09-06 | Nomination des membres de l'équipe climat pour la période 2023-2029. |
| 2023-09-07 | Approbation d'un acte notarié. |
| 2023-09-08 | Approbation d'un contrat de bail. |
| 2023-09-09 | Plan annuel 2024 des travaux à effectuer dans l'intérêt de la voirie rurale. |
| 2023-09-10 | Déclaration du collège échevinal pour la période 2023-2029. |
| 2023-09-11 | Attribution d'un droit à un supplément d'heures de congé politique aux délégués dans les syndicats de communes dont la commune est membre. |
| 2023-09-12 | Nomination d'un représentant au sein du comité de pilotage Natura 2000 de la région « Mëllerdall » (COPIL). |
| 2023-09-13 | Nomination d'un représentant pour le comité d'accompagnement pour l'eau potable de la région du Parc naturel du Mëllerdall. |
| 2023-09-14 | Désignation du « Klimaschäffen ». |
| 2023-09-15 | Approbation du devis concernant le passage souterrain pour piétons sous le pont Breidweiler. |
| 2023-09-16 | Adaptation des subventions communales pour l'utilisation rationnelle de l'énergie et des ressources naturelles et pour la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement. |

2023-09-17 Décision d'intégrer les parcelles inscrites au cadastre sous les numéros 215/1890 et 58/8, section A de Haller, dans le réseau de zones protégées.
2023-09-18 Décision quant à une vente aux enchères publique de divers produits et matériels d'occasion.
2023-09-19 Demandes de subside.
2023-09-20 Divers.

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :
2023-09-21 Demande d'un concept touristique pour le site Mullerthal.

**1.** Étant donné que le huis clos, sous lequel a lieu le point 2023-09-01 n'est pas levé par décision du conseil communal, la décision y relative n'est pas publiée.

**2.** Le collège échevinal répond aux questions des membres du conseil communal.

**3.** Le conseil communal approuve unanimement le plan de gestion des forêts communales comme suit :

| | Salaires | Factures | Investissements | Recettes |
|---|---|---|---|---|
| Gestion durable et protection des forêts | 50.500,00 | 70.000,00 | 120.500,00 | 84.000,00 |
| Sensibilisation et information du public | 7.000,00 | 11.500,00 | 18.500,00 | |
| Logistique et personnel | 9.500,00 | 18.500,00 | 28.000,00 | |
| | 67.000,00 | 100.000,00 | 167.000,00 | 84.000,00 |

**4.** Le conseil communal approuve la modification du règlement d'ordre intérieur du conseil communal, comme proposé par le collège échevinal et selon les dispositions de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

**5.**

a) Le conseil communal nomme Maïté Dielissen, Danielle Mehlen, Corinne Meyers, échevine, et Harpa Tordardottir membres de la commission scolaire de la commune de Waldbillig.

b) Le conseil communal nomme Andrée Henx-Greischer, bourgmestre, Christian Berens, conseiller, Corinne Meyers, échevine, Sybille Dammé, Jean-Paul Greisch, Hervé Patrick Lapnet et Marie-Rose Majerus-Weis membres de la commission d'intégration.

c) Le conseil communal nomme Romain Tobes, conseiller, Tom Boes, Liz Henx, Jeff Mirkes, Ulrike Sauer, Serge Schroeder et Jean-Joseph Tholl, membres de la commission des bâtisses.

d) Le conseil communal nomme Mike Michels et Christian Berens, conseillers, Cyrill Berger, Arsenio Ferreira, Liz Henx, Thierry Hild, Catherine Schwarz et Romain Wies, membres de la commission des sports.

e) Le conseil communal nomme Maxime Bender, Yolande Kirsch, Romain Tobes, conseillers, Marc Feidt, Claire Larry, Hervé Patrick Lapnet, Miguel Moreira, Romain Wies, membres de la commission de la culture et du tourisme.

f) Le conseil communal nomme Marc Barthelemy, Yolande Kirsch et Corinne Meyers, conseillères, Luc Friedrich et Isabelle Oberlé membres de la commission de la rédaction du bulletin communal DE FUUSS

**6.** Le conseil communal nomme Andrée Henx-Greischer, bourgmestre, Serge Boonen, échevin, Christian Berens, Jeannot Goedert, Yolande Kirsch, Mike Michels, Romain Tobes, conseillers, Tom Boes, Charel Gleis, Jean-Paul Greisch, Marc Feidt, Georges Koster et Joseph Tholl, membres de l'équipe climat pour la période de 2023-2029.

**7.** Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord à l'acte notarié du 26.07.2023 par lequel des particuliers cèdent à l'administration communale de Waldbillig une emprise, sise à Waldbillig section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 448/4798, avec une contenance de 27 centiares. Ces particuliers reçoivent en contrepartie de l'administration communale de Waldbillig une parcelle, longeant leur propriété de terrain, sise à

Waldbillig, section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 445/4839, avec une contenance de 27 centiares.

**8.** Le conseil communal marque son accord au contrat de bail du 26 septembre 2023 aux termes duquel un particulier déclare louer à l'administration communale de Waldbillig un silo sur une parcelle sise à Waldbillig, section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 789/4228 au prix de 150,00 € par mois.

**9.** Le conseil communal arrête le programme concernant les travaux de mise en état de la voirie rurale pendant l'année 2024 comme suit :

| **Localité** | **Section** | **Lieu-dit** | **Nature des travaux** | **Longueur** |
|---|---|---|---|---|
| Waldbillig | B | Seitert | Reprofilage et mise en œuvre d'enrobés denses à chaud | +/- 1.650 m |
| Christnach | C | Beim Heffingermoor | Reprofilage et mise en œuvre d'enrobés denses à chaud | +/- 800 m |

**10.** Suite aux élections communales du 11 juin 2023 et à la confirmation par le résultat des élections du bilan positif des années précédentes, le collège échevinal présente sa déclaration avec ses objectifs primordiaux, notamment la poursuite de la mise en œuvre de projets déjà initiés et le lancement de nouveaux projets dans l'intérêt de la commune de Waldbillig et de ses habitants.

**11.** Le conseil communal marque son accord de reporter le point 2023-09-11 – Attribution d'un droit à un supplément d'heures de congé politique aux délégués dans les syndicats de commune dont la commune est membre à l'ordre du jour d'une prochaine réunion du conseil communal.

**12.** Le conseil communal décide unanimement de désigner Monsieur Romain Tobes, conseiller communal, comme représentant officiel de la commune de Waldbillig au sein du comité de pilotage Natura 2000 de la région Mëllerdall, pour la période 2023-2029.

**13.** Le conseill communal décide unanimement de désigner Monsieur Romain Tobes, conseiller communal, comme représentant officiel de la commune de Waldbillig au sein du comité d'accompagnement pour l'eau potable de la région du Parc naturel du Mëllerdall, pour la période 2023-2029.

**14.** Le conseill communal décide unanimement de désigner Madame Andrée Henx-Greischer, bourgmestre, au poste de « Klimaschäffen » dans le cadre de l'adhésion de la commune de Waldbillig au Pacte climat 2.0.

**15.** Le conseil communal décide unanimement d'approuver le devis relatif au passage souterrain en dessous de l'OA 355 à Breidweiler-Pont, élaboré sur base d'une ventilation détaillée des frais dressée par l'Administration des ponts et chaussées au montant total de 496.609,96 € TTC – frais d'honoraires d'ingénieurs et d'études inclus.

**16.** Le conseil communal décide unanimement d'adapter le règlement communal du 17 juillet 2019 instituant un régime d'aides financières aux personnes physiques concernant la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement comme proposé par le collège échevinal.



*Foto: Damaris*

**17.** Le conseil communal décide unanimement d'intégrer les parcelles inscrites au cadastre sous les numéros 215/1890 et 58/8, section A de Haller, dans le réseau de zones protégées.

**18.** Le conseil communal décide unanimement d'organiser une vente aux enchères publique en vue de vendre au meilleur offrant divers produits et matériaux appartenant à l'administration communale.

**19.** Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

- SOS Faim Luxembourg
- OTM Haïti
- UP_ Foundation
- Jugend Pompjeeën Gemeng Konsdref

**20.** Sous le point 2023-09-20 – Divers sont discutés divers sujets d'actualité en rapport avec l'administration.

**21.** Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2023-09-21 | Demande d'un concept touristique pour le site Mullerthal. |

*Vu les changements actuels au Mullerthal nous nous posons la question comment le site touristique du Mullerthal évoluera et quel en sera le rôle de la commune ?*

- Nous demandons au conseil communal de bien vouloir charger le collège échevinal de faire élaborer dans les meilleurs délais un concept touristique pour le site du Mullerthal et de le présenter au conseil communal pour avis.

Vu les discussions précédentes de la séance de ce jour, le conseil communal décide unanimement de reporter le sujet à une prochaine séance du conseil communal.

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2023/10

**Séance du jeudi, 26 octobre 2023**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, échevins,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// SONNETTI David, secrétaire-remplaçant.

Absent : /.

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2023-10-01 | Nomination définitive d'un fonctionnaire communal du groupe de traitement C1, sous-groupe technique. |
| 2023-10-02 | Nomination d'un employé communal (m/f) dans le groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif. |
| 2023-10-03 | Décision portant sur une acquisition éventuelle. |
| 2023-10-04 | Décision portant sur les dates de parution du bulletin communal DE FUUSS 2024-1 et 2024-2. |
| 2023-10-05 | Décision de principe en vue d'une future collaboration avec la Nordstadjugend pour l'année 2024. |
| 2023-10-06 | Attribution d'un droit à un supplément d'heures de congé politique aux délégués dans les syndicats de communes dont la commune est membre. |
| 2023-10-07 | Approbation d'un avant-projet détaillé concernant la transformation de la Maison relais à Waldbillig . |
| 2023-10-08 | Décision sur un éventuel achat de différentes parcelles sises dans la commune, section C de Christnach. |
| 2023-10-09 | Nomination d'un délégué auprès du Conservatoire du Nord. |

| | |
|---|---|
| 2023-10-10 | Nomination d'un représentant pour le conseil de l'école de musique à caractère régional organisée par la Ville d'Echternach. |
| 2023-10-11 | Modification budgétaire extraordinaire. |
| 2023-10-12 | Approbation d'une servitude d'utilité publique. |
| 2023-10-13 | Exercice du droit de préemption concernant des parcelles sises à Waldbillig et à Christnach. |
| 2023-10-14 | Demande de subside extraordinaire des Jugendpompjeeën Gemeng Konsdrëf pour l'organisation du « Regionaalt Zeltlager Osten ». |
| 2023-10-15 | Demande de subside extraordinaire de l'association « Ëmmer Fit Waldbillig » pour matériel sportif. |
| 2023-10-16 | Demande de subside extraordinaire de Andamos a.s.b.l. |
| 2023-10-17 | Demandes de subside. |
| 2023-10-18 | Questions des membres du Conseil communal au Collège des bourgmestre et échevins. |
| 2023-10-19 | Divers. |

**1.** Le conseil communal nomme unanimement et définitivement Monsieur Pit LARRY, au poste de fonctionnaire du groupe de traitement C1, sous-groupe technique, de l'administration communale de Waldbillig, et ceci avec effet au 1er novembre 2023.

**2.** Avec toutes les voix, une nomination au poste d'employée communale du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif à raison de 40 heures par semaine, à durée déterminée d'un an, est conférée à Madame Joëlle Marie DUSCHANG, à partir du 1er décembre 2023.

**3.** Étant donné que le huis clos, sous lequel a eu lieu le point 2023-09-01 n'est pas levé par décision du conseil communal, le discours y relatif n'est pas publié.

**4.** Le conseil communal décide unanimement de fixer les dates de parution du bulletin communal DE FUUSS 2024-1 et 2024-2 comme proposé par le comité de rédaction.

**5.** Le conseil communal se prononce en faveur d'une future collaboration avec l'organisme gestionnaire Nordstadjugend asbl., ayant son siège à Diekirch, à partir de l'année 2024.

**6.** Le conseil communal marque son accord à la répartition du congé politique supplémentaire comme proposé par le collège échevinal.

**7.** Le conseil communal approuve l'avant-projet détaillé de la transformation de la Maison relais à Waldbillig, dressé par le bureau Planet + S.C. architectes et urbanistes avec un montant total de 1.537.395,40 € – TVA et honoraires d'architectes compris.

**8.** Le conseil communal décide de proposer un prix d'achat de 250 €/are pour les terrains, sis dans la commune de Waldbillig, section C de Christnach, d'une surface totale de 4 ha 71 ares 10 ca.

**9.** Le conseil communal décide de désigner Monsieur Maxime Bender, conseiller, comme délégué auprès du Conservatoire du Nord.

**10.** Le conseil communal décide de désigner Monsieur Maxime Bender, conseiller, comme représentant de la commune de Waldbillig pour le conseil de l'école de musique à caractère régional organisée par la Ville d'Echternach.

**11.** Le conseil communal approuve la modification budgétaire concernant le projet de passage souterrain pour piétons et vététistes à Breidweiler-Pont.

**12.** Le conseil communal approuve la convention de droit de passage d'utilité publique aux termes duquel un particulier autorise l'administration communale de passer avec une conduite d'eau sur une longueur de 700 mètres par son terrain, inscrit au cadastre sous les numéros 1179/3806, 1206/1207, 1197/0, 1195/0, 1194/2854, 1172/0, 256/2, section B de Waldbillig.

a) Le conseil communal décide de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles inscrites au cadastre de la commune de Waldbillig, section C de Christnach, sous les numéros 18/4494, lieu-dit « Gaessel », parcelle, contenant 9 centiares et 28/4498, lieu-dit « Schoulstrosss », place occupée par un bâtiment à appartements, contenant 18 ares 1 centiare.

b) Le conseil communal décide de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section B de Waldbillig, sous le numéro 566/4440, lieu-dit « rue André Hentges ».


Foto: Georges Koster

**13.** Le conseil communal décide d'accorder un subside extraordinaire de 700 € à l'association Jugend Pompjeeën Gemeng Konsdref, chargée de l'organisation du « Regionaalt Zeltlager Osten » de juillet 2024.

**14.** Le conseil communal décide d'accorder un subside extraordinaire, notamment la moitié des frais d'achat pour le matériel de sport, à l'association « Ëmmer Fit » revenant à une dépense de 1.293,40 €.

**15.** Le conseil communal décide d'accorder un subside de 1.000 € à l'association Andamos a.s.b.l.

**16.** Le conseil communal décide d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes : Stroossenengelen, Padem et Fleegeelteren Lëtzebuerg a.s.b.l.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2023/11

**Séance du jeudi, 30 novembre 2023**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, échevins,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// SONNETTI David, secrétaire remplaçant.

Excusé :

// BENDER Maxime, conseiller.

**Ordre du jour**

**Séance à huis clos**

| | |
|---|---|
| 2023-11-01 | Décision portant sur une acquisition éventuelle. |

**Séance publique**

| | |
|---|---|
| 2023-11-02 | Présentation de la situation actuelle du pacte climat. |
| 2023-11-03 | Approbation « Ressourcenkonzept der Gemeinde Waldbillig » dans le cadre du Pacte climat. |
| 2023-11-04 | Adaptation du texte des subventions communales pour l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement. |
| 2023-11-05 | Modifications budgétaires ordinaires. |
| 2023-11-06 | Modifications budgétaires extraordinaires. |
| 2023-11-07 | PAP Hierheck « in Waeschent ». |
| 2023-11-08 | Approbation d'une modification du Règlement de circulation de la commune de Waldbillig. |
| 2023-11-09 | Demande sur l'intérêt de la commune pour l'achat de différentes parcelles section A de Haller. |
| 2023-11-10 | Demandes de subside. |
| 2023-11-11 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2023-11-12 | Divers. |

**1.** Étant donné que le huis clos, sous lequel le point 2023-11-01 a été traité, n'est pas levé par décision du conseil communal, la décision y relative n'est pas publiée.

**2.** La situation actuelle du Pacte climat de la commune de Waldbillig a été présentée au conseil communal de la commune de Waldbillig.

**3.** Le conseil communal décide unanimement d'approuver le concept de ressources de la commune de Waldbillig dans le cadre du Pacte climat.

**4.** Le conseil communal arrête unanimement d'adapter le texte du règlement communal instituant un régime d'aides financières aux personnes physiques concernant la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement afin de faciliter la démarche des demandes introduites.

**5.** Le conseil communal décide unanimement de modifier le budget ordinaire de l'exercice 2023 avec un montant de dépenses en plus de 145.335,10 €

**6.** Le conseil communal décide unanimement de diminuer les crédits d'un article budgétaire pour pouvoir augmenter les crédits d'un autre article.

**7.** Le conseil communal décide unanimement de refuser le projet d'aménagement particulier « nouveau quartier » concernant des fonds sis à Christnach, au lieu-dit « In Waeschent » en respect des réclamations introduites par les riverains au sujet du risque d'inondation accru dans la rue Hierheck.

**8.** Le conseil communal décide de marquer son accord à l'avenant au règlement communal de la circulation du 29 juin 2017, tel que proposé par le collège des bourgmestre et échevins.

**9.** Le conseil communal décide unanimement de se prononcer contre l'achat des parcelles situées sur le territoire de la commune de Waldbillig, section A de Haller, aux lieux-dits « Beim Muehlenweg » et « auf dem obersten Pesch », notamment celles inscrites au cadastre sous les numéros 645/948, 647/143, 671/1754, 674/267, 617/0, 679/851, 679/852, 696/561, 697/382, et 671/1753 d'une superficie totale de 418 ares.

**10.** Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

- Noël de la rue a.s.b.l.
- Fir d'Kanner a Latäinamerika
- Fondation Autisme Luxembourg
- Action pour un monde uni

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2024/1

**Séance du jeudi, 18 janvier 2024**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, échevins,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Excusé :

// BENDER Maxime, conseiller.

Le conseiller BENDER Maxime a donné une procuration au conseiller TOBES Romain pour voter en son nom.

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2024-01-01 | Désignation d'un local pour la réunion du conseil communal pendant la durée des travaux de transformation de la mairie |
| 2024-01-02 | Approbation de deux procès-verbaux d'adjudication publique immobilière du 13 décembre 2023. |
| 2024-01-03 | Décision portant sur l'utilisation future des biens immobiliers de l'hôtel des Cascades et de la résidence y annexée. |
| 2024-01-04 | Budget rectifié 2023. |
| 2024-01-05 | Budget 2024. |
| 2024-01-06 | Approbation du concept d'adaptation climat de la commune de Waldbillig dans le cadre du Pacte climat. |
| 2024-01-07 | Prorogation de l'heure d'ouverture de tous les débits de boissons de la commune de Waldbillig à l'occasion de certaines fêtes en 2024. |
| 2024-01-08 | Projet d'entretien de chemins ruraux à Christnach. |
| 2024-01-09 | Modification ponctuelle du règlement sur les taxes de chancellerie. |
| 2024-01-10 | Demandes de subside. |
| 2024-01-11 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2024-01-12 | Divers. |

**1.** Le conseil communal désigne unanimement le local du Veräinsbau sis à Christnach à l'adresse 7, Fielserstrooss (coin Hierheck/Fielserstrooss), pour les réunions du conseil communal pendant la durée des travaux de transformation de la mairie.

**2.** Le conseil communal approuve unanimement les deux procès verbaux d'adjuducation publique du 13 décembre 2023, concernant notamment

a) l'adjudication publique immobilière sur faillite des biens immobiliers inscrits au cadastre de la commune de Waldbillig, section D de Mullerthal, numéro 1118/3539, lieu-dit « Möllerdall » place, contenant 5,35 ares, numéro 1126/3510, même lieu-dit, terre labourable, contenant 6,58 ares dans un immeuble en copropriété avec place et toutes autres dépendances dénommé « Réserve du Mullerthal – rue des Rochers » sis 1, rue des Rochers L-6245 Mullerthal, avec privilège de cabaretage, numéro 1119/3540, lieu-dit « rue des Rochers » place (occupée) bâtiment à appartements, contenant 31,10 ares, à savoir en propriété privative et exclusive et en copropriété et indivision forcée;

b) quatre hôtel-studios sis dans l'hôtel Réserve du Mullerthal vendus par les propriétaires respectifs.

**3.** Le conseil communal décide unanimement d'investir dans la mise en état de l'hôtel et de ses annexes afin de promouvoir en premier lieu le tourisme et de créer des logements au Mullerthal. À cet effet le conseil communal s'est prononcé en faveur d'une pré-étude qui renseignera sur les accomplissements à réaliser.

**4.** Le conseil communal approuve unanimement le budget rectifié 2023.

**5.** Le budget 2024 est aussi adopté avec toutes les voix.

**6.** Le conseil communal vote unanimement pour un concept d'adaptation climat pour la commune de Waldbillig dans le cadre du Pacte climat.

**7.** Les heures d'ouverture sont prorogées jusqu'à trois heures du matin de tous les débits de boissons

alcooliques à consommer sur place de la commune de Waldbillig pour les festivités de la Fête Nationale et les kermesses de Haller, Christnach et Waldbillig, du samedi au dimanche et du dimanche au lundi ainsi que pour la Saint-Sylvestre.

**8.** Le conseil communal approuve unanimement le devis du projet concernant le reprofilage, l'enduisage et la mise en œuvre d'enrobées denses à chaud sur les chemins ruraux aux lieux-dits « Seitert » à Waldbillig sur une longueur de 700 mètres et « Beim Heffinger Moor » à Christnach sur une longeur de 300 mètres au montant de 552.000,00 €.

**9.** Le conseil communal décide unanimement d'abroger les deux dernières taxes de chancellerie restantes à 5,00 € pour la demande de carte d'identité luxembourgeoise e la demande de passeport.

**10.** Le conseil communal se prononce

- avec 5 voix (les conseillers Bender, Berens, Goedert, Michels, Tobes) contre 4 voix pour l'allocation d'un subside à hauteur de 75 € au profit de « Landjugend a Jongbaueren Süden asbl » en vue de soutenir l'organisation du Landjugenddag ;

- avec 8 voix contre 1 voix (le conseiller Michels) contre un subside en faveur de 4 élèves du lycée technique de Lallange qui font un projet pour l'organisation « Een Häerz fir kriibskrank Kanner asbl » ;

- unanimenent pour un subside d'un montant de 75 € pour les associations suivantes :

  - Memoshoah Luxembourg asbl,
  - Natur & Ëmwelt asbl
  - Association ELA Luxembourg asbl
  - Aide à l'enfance de l'Inde et du Népal
  - LUkraine asbl
  - Croix rouge luxembourgeoise
  - Fondation EME



*Foto: GEorges Koster*



# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL



## Gebuerten // *Naissances*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 09/11/2023 | **Moersch Phal** | Theo | *Waldbëlleg* |
| 13/11/2023 | **Berger** | Émile André | *Chrëschtnech* |
| 24/11/2023 | **Kluczek Moreira** | Sofia | *Haler* |
| 14/12/2023 | **Dullnig Poos** | Nora | *Chrëschtnech* |
| 09/01/2024 | **Gang** | Lou | *Waldbëlleg* |
| 18/01/2024 | **Bender** | Nicolas | *Waldbëlleg* |

## Hochzäiten // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| 20/12/2023 | **Huss** Jerry & **Ney** Martine | *Chrëschtnech* |

## Pacsen // *Partenariats*

| | | |
|---|---|---|
| 22/09/2023 | **Frantzen** Franky & **Volz** Sarah | *Waldbëlleg* |
| 06/10/2023 | **Da Costa Vilela** Luis Pedro & **Trasforini** Laura | *Chrëschtnech* |
| 20/10/2023 | **Dos Santos Simões** André Cristiano & **Azevedo Martins** Liliana Filipa | *Chrëschtnech* |
| 23/11/2023 | **Silva Mendes** Adalberto Angelo & **Fortes Silva** Lais Marta | *Waldbëlleg* |

## Stierffäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| 27/09/2023 | **Dury** François Lucien Jean | *Waldbëlleg* |
| 29/09/2023 | **Wagner** Tomy | *Waldbëlleg* |
| 25/12/2023 | **Kappler** Jean Marc | *Waldbëlleg* |
| 08/01/2024 | **Linde** Marie Louise Barbette | *Chrëschtnech* |



# MIR GRATULÉIEREN



D'**Sarah Volz** an de **Franky Frantzen** sinn den 22. September gepacst ginn.



D'**Laura Trasforini** an de **Luis Pedro Da Costa Vilela** sinn de 6. Oktober gepacst ginn.



D'**Martine Ney** an de **Jerry Huss** sinn den 20. Dezember bestuet ginn.



D'**Madame Barbe Tossing** huet 90 Joer kritt. Si ass de 25. Juli 1933 zu Miedernach gebuer.



Och d'**Madame Irène Rippinger-Muller** konnt hir 90 Joer feieren. Si ass de 17. Oktober 1933 zu Kanech gebuer.

*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*

# INTERVIEW MARTINE DIMMER



***Wéi sidd Dir bei d'Gemeng Waldbëlleg komm?***

Ech hunn d'Annonce vum fräie Posten, fir spéider eng Kéier de Gemengesekretär ze ersetzen, am Lëtzebuerger Wort gelies. Wéinst mengem perséinleche Background huet de Poste vum Gemengesekretär mech schonn ëmmer intresséiert. Ouni ze zécken, hunn ech mech beim Jean-Luc Schleich iwwer déi Plaz informéiert a meng Kandidatur gestallt. Zu där Zäit hunn ech mir e beruffleche Wiessel mat neien Erausfuerderunge gewënscht an duecht, dass mat 43 Joer nach dee richtegen Zäitpunkt dofir wier. Ech hu mech richteg gefreet, wéi ech gewuer gi sinn, dass de Gemengerot mech gestëmmt hat.

***Wéi laang maacht Dir deen Job schonn?***

Den 1. Februar 2013 sinn ech vum Staat op d'Gemeng gewiesselt. Am Januar hat ech mir op där anerer Aarbecht scho Congé geholl, fir an d'Gemengecoursen op den INAP ze goen. 2014 hunn ech de Sekretärsexame gepackt. Nodeems mäi Virgänger, den Nico Schlammes, den 31. Dezember 2016 an d'Pensioun gaangen ass, hunn ech vum 1. Januar 2017 un de Poste vum Gemengesekretär iwwerholl.

***Wat sinn déi gutt Säiten dervun?***

Op där Plaz schafft een direkt mam Schäfferot zesummen an et huet een Abléck an dat ganzt Geschéie vun der Gemeng. Als Schrëftféirer vum Schäffen- a Gemengerot däerf een an alle Sëtzungen derbäi sinn. Am Kader vu Gemengeprojeten huet ee Kontakt mat de Staatsinstanzen, mat den Architekten- an Ingenieursbureauen a mat eise Leit. Fir d'Bierger sinn ech d'Uspriechpersoun, wann se Froen un de Schäfferot hunn oder wann se en Uleies hunn.

Et ass eng villsäiteg an intressant Aarbecht. Duerch den eegenen Asaz kann ee matwierken, dass d'Bierger sech wuel an eiser Gemeng spieren. Wat mir och gutt gefällt ass den direkte Kontakt mat alle Mataarbechter vun der Gemeng. Ech si frou, dass mir eng gutt Ekipp sinn, déi un engem Strang zitt.

***Wat sinn d'Erausfuerderungen?***

Zu menger Aarbecht gehéieren eng gewëssen Disziplin, Loyalitéit an Toleranz. „Le secrétaire tient la plume et le bec", seet d'Spréchwuert. An eisem Schäfferot däerf ech meng Meenung zu verschiddene Sujete mat abréngen, mee wann d'Decisiounen am Schäffen- a Gemengerot dann awer anescht ausfalen, wéi ech mir et virgestallt hunn, muss ech dat acceptéieren a nidderschreiwe wat decidéiert ginn ass.

Meng Schaffdeeg si chargéiert a lafen dacks net esou of, wéi ech mer se moies virgestallt hunn. Déi Aarbecht, déi ech moies um Programm hu kréien ech dacks net gemaach, well eppes dertëscht kënnt, wat prioritär muss behandelt ginn. Heiansdo weess ech net wou de Kapp mer steet. Geloossenheet an eng Portioun Humor gehéieren derzou, fir derduerch ze kommen.

***Wou hutt Dir virdru geschafft?***

Ech hu virdru gutt 20 Joer beim Staat, an zwar an der Direktioun op der Asta - Administration des services techniques de l'agriculture - geschafft.

***Wat géift Dir Iech fir d'Zukunft an Ärem Beruff wënschen?***

Nodeems ech, opgrond vun engem Accident, bal sechs Méint op der Aarbecht ausgefall sinn, ass mir bewosst ginn, wéi wichteg et ass, dass ech mat enger zweeter Persoun enk zesumme schaffen, déi Abléck huet an alles wat ech maachen. Ouni mäi Kontakt mat dem

Beamten, dee mech ersat huet an där Zäit wou ech krank war, iwwer Mail an Telefon, wier et him net méiglech gewiescht d'Aarbecht esou gutt weiderzeféieren.

Ech wënsche mir, dass ech an Zukunft eng zweet Hand kréien, an dass d'Zesummenaarbecht an d'Ambiance ënnert eis Beamten, Aarbechter an dem Schäfferot esou gutt weiderleeft wéi bis elo. Ech wënsche mir, dass mir all gär schaffe kommen.

***Fannt Dir, dass et sech gutt an eiser Gemeng liewe léisst?***

Ech selwer wunnen net an eiser Gemeng, ka mir awer gutt virstellen, dass et sech hei gutt liewe léisst. Ech komme jo gär an eis Gemeng schaffen. Et ass vill Natur hei, de Mëllerdall ass eng wonnerbar Géigend an d'Gemeng huet hiert eegent proppert Drénkwaasser.

D'Gemeng ass net ze grouss an d'Leit kenne sech nach ënnerteneen. Wat flott ass, et gëtt hei nach eng grouss Offer u Veräiner am Sënn vun allen Awunner, fir déi Jonk an och fir déi eeler Leit. An eiser Gemeng fënnt ee vill Leit, déi sech am Sënn vun der Allgemengheet engagéieren. D'Gemengeverantwortlech ënnerstëtzen eis Veräiner vill, se stellen hinne schéi Plazen zur Verfügung, wou se zesumme kënne kommen a si beméie sech stänneg, fir déi schoulesch an extraschoulesch Infrastrukturen ze optiméieren am Sënn vum Wuel vun de Kanner.





***Wou wunnt Dir elo?***

Ech wunnen zu Gonnereng an zu Bauschelt.

***Wat maacht Dir am léifsten, wann Dir no der Aarbecht heemkommt?***

No der Aarbecht freeën ech mech fir heem, well ech do sou léif vu mengen zwee Muppen a mengen zwou Kaze begréisst ginn. Et mécht mir Freed mat mengem Partner spadséieren ze goen. Meng Hënn lafen ze gesinn deet mir gutt. Ech gammsen op bessert Wieder, fir nees méi kënnen dobaussen an der Natur ze sinn. Donieft schaffen ech gär roueg am Gaart.

A menger Fräizäit telefonéieren ech vill mat mengen zwee Kanner, déi am Ausland studéieren. Meng Frëndinne si mir och ganz wichteg, ech ënnerhuele vill mat hinnen an ech fleegen de Kontakt mat menger léiwer Famill.

*Fotoen: Martine Dimmer*

# INTERVIEW YOLANDE KIRSCH



***Géift Dir Iech kuerz virstellen.***

Mäin Numm ass Yolande Kirsch. Ech sinn 33 Joer al a wunnen zesumme mat mengem Partner zu Waldbëlleg. Mäi Bopi vu menger Mamm hirer Säit ass zu Waldbëlleg an der Chrëschtnecher Strooss opgewuess, an ech hunn als Kand ëmmer vill Zäit an der Mëllerdallregioun verbruecht. Och wann ech am Süde vum Land opgewuess sinn, huet et mech ëmmer rëm an eise wonnerschéinen Eck gezunn.

Ech schaffen zanter Ufank 2018 fir d'Demokratesch Partei. Virdrun hunn ech Politikwëssenschaften a politesch Kommunikatioun zu Bréissel op der ULB studéiert.

Meng Fräizäit verbréngen ech gréisstendeels mat menge Päerd a Kazen. E Liewen ouni si kann ech mir net virstellen. Enn 2023 hunn ech mäi jonkt Päerd ageridden, wat eng ganz besonnesch Erfarung an nach ëmmer eng spannend Zäit ass.

Doriwwer eraus sinn ech immens konscht- an allgemeng kulturinteresséiert an zeechnen a mole gären. Leider feelt mir ëmmer méi d'Zäit dofir.

***Firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?***

Politik huet mech eigentlech vu Klengem un interesséiert, ech wollt awer laang Zäit net selwer aktiv Politik maachen. Mäi Plang war et am Hannergrond fir d'Politik ze schaffen, dofir sinn ech och Politik a Kommunikatioun studéiere gaang a schaffen do wou ech zanter 6 Joer ganz zefridde sinn.

Wéi d'Waljoer 2023 awer méi no komm ass, a spéitstens wéi ech bei mäi Partner op Waldbëlleg geplënnert sinn, war kloer „Hei sinn ech doheem an hei wëll ech bleiwen". Dat war och de Moment wou ech decidéiert hunn d'Demarche ze maachen a mech fir d'Gemengewalen opzesetzen.







Dat Gefill ukomm ze sinn, de Leit nozelauschteren an eppes fir d'Bierger wëllen ze leeschten, eis wonnerbar Gemeng villäicht nach e bësse méi flott ze maachen, dat ass de Grond firwat ech de Schrëtt gemaach hunn an an d'Politik gaange sinn.

***Wei eng politesch Dossiere leien Iech perséinlech um Häerz?***

Villes wat mir perséinlech um Häerz läit, ass schonn amgaang ëmgesat ze ginn: de Schoulausbau, d'Maison relais a villes méi. Mir geet et drëms, dass d'Bierger hei gutt zesummeliewen. D'Integratioun an d'Inklusioun sinn um Gemengenniveau immens wichteg ze färderen.

Doriwwer eraus ass de Wunnengsbau en Thema wat mir immens um Häerz läit. Iwwer de Pacte logement 2.0 hu mir verschidde Méiglechkeeten awer och Verflichtungen, fir erschwéngleche Wunnraum ze schafen zum Beispill. Ganz konkret: D'Gemeng huet den Hotel Cascades gesteet an ech freeë mech immens drop zesumme mat de Kolleegen e flotte Projet auszeschaffen, wou sécher de Logement, den Tourismus awer och méiglech Fräizäitaktivitéite wäerten eng Roll spillen.

***Soll eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen?***

Dat ass eng ganz schwéier Fro. Eigentlech sinn d'Gemengefusioune sënnvoll, an dëst aus ganz diverse Grënn. Am Fall vun eiser klenger Gemeng Waldbëlleg gesinn ech dëst Thema awer méi nuancéiert. Eis Gemeng huet schonn eng zimmlech grouss Fläch a besteet aus villen Dierfer. Perséinlech sinn ech der Meenung, dass et immens wichteg ass, dass den Duerfcharakter vun de klenge, ländleche Gemengen erhale bleift, an dat ass schwéier ze garantéieren, wann et zu enger Fusioun kéim.

Eng Fusioun ass awer ëmmer d'Resultat vu laange Gespréicher an Diskussiounen, a wann een op e gemeinsamen Nenner kënnt an de Sënn erkannt gëtt, wier ech dat lescht wat deem am Wee géif stoen.

***Wat si fir Iech perséinlech d'Unzéiungspunkte vun eiser Gemeng, firwat lieft Dir gär do? Wat kéint besser sinn?***

Eis wonnerschéin Natur ass fir mech perséinlech den Haaptunzéiungspunkt vun eiser Gemeng, awer eeben och vun der ganzer Regioun. Natierlech ass och de Michel Rodange a säi Renert ganz beléift.

D'Natur ass sécher den Haaptgrond firwat ech gär hei liewen. Ech genéissen et 5 Minutten ze trëppelen an um Feld oder am Bësch ze sinn. Eppes wat mech hei immens markéiert huet, ass dass een net nëmmen sengen direkten Noperen an deene Leit, déi ee kennt Moie seet, mee jidderengem, deen een dobausse begéint. Dorunner hunn ech mech musse gewinnen, fannen et awer immens sympathesch.

Wat kéint besser sinn ass schwéier ze soen, well een op vill Saache wéi zum Beispill d'Stroossechantieren, leider keen Afloss huet. Et gëtt awer ëmmer iergendwou e bësse Verbesserungspotenzial. Ech mengen eis Gemeng kéint nach méi inklusiv funktionéieren, andeems mir méi a besser mat de Bierger kommunizéieren, an och op liichter Sprooch déi wichteg Informatiounen ënner d'Leit bréngen.

*Fotoen: Famill Kirsch, Olivier Glod*

## PIT LARRY

De Pit Larry schafft zanter November 2022 bei der Gemeng Waldbëlleg am Service technique an huet och do säi Stage gemaach. Hien ass elo als Fonctionnaire vereedegt ginn.



*Foto: Filipe Soares*

## NEI MATAARBECHTERIN FIR D'GEMENG WALDBËLLEG

Ech sinn d'Joëlle Duschang, si 24 Joer al a komme vu Freckeisen. Ech sinn an der Gemeng Waldbëlleg grouss ginn an och hei an d'Primärschoul gaangen. Duerno sinn ech op Iechternach an de Lycée gaangen an hunn do mäin Ofschloss gemaach.

Meng éischt Erfarungen am Beruffsliewen hunn ech an enger Fiduciaire gemaach, wou ech villes geléiert hunn. Mee do hunn ech séier gemierkt, dass de Kontakt mat de Leit mir feelt. Esou hunn ech den Entschloss geholl, fir bei d'asbl „Fro de Bauer" schaffen ze goen; do hunn ech de Leit a virun allem de Kanner d'Landwirtschaft méi nobruecht. Och déi Aarbecht huet mir vill mat op de Wee ginn.

Wéi sech d'Méiglechkeet erginn huet, fir op Waldbëlleg op d'Gemeng schaffen ze kommen, hunn ech net laang iwwerluecht. Ech si frou ee villfältegen an ofwiesslungsräichen Aarbechtsdag ze hunn, an dobäi an engem kënnegen Ëmfeld ze schaffen.

Am Moment gëtt et vill Neies fir mech, an et ass vill ze léieren. Fir mech esou gutt ewéi méiglech anzeschaffen, ënnerstëtzen ech déi verschidde Servicer vun der Gemeng an hëllefen do wou ech kann.



*Foto: Pit Urhausen*

# D'RIED FIR COMMEMORATIOUNSDAG, VUN DER SCHÄFFIN CORINNE MEYERS

**Leif Matbiergerinnen a Matbierger,**

haut hu mir eis fir den Nationale Commemoratiounsdag, deen et säit 1946 gëtt, zesummefonnt. Mir gedenken deene Leit, déi wärend der Naziherrschaft am Widderstand aktiv waren, an déi am 2. Weltkrich hiert Liewe gelooss hunn.

Viru méi wéi 70 Joer ware vill Haiser an eisen Dierfer zerstéiert a vill Leit hunn hir Heemecht misse verloossen. Nach haut ginn an de Bëscher an op Felder Stécker vu Granaten a Bomme fonnt. Fir Europa war et eent vun deenen däischterste Kapitelen an der Geschicht, an och bei eis war et eng Zäit vu vill Misär a Leed. Vill jonk Leit kruten hir Jugend geholl. Si sinn zwangsrekrutéiert ginn an hunn hir Heemecht net erëmgesinn, well si un der Front gefall sinn oder higeriicht goufen.

Net ze vergiesse sinn awer och déi Refractairen, an déi, déi aus der Wehrmacht geflücht sinn, grad ewéi déi couragéiert Matbiergerinnen a Matbierger, déi hinne gehollef hunn, souwéi hir Familen, déi an döser Zäit matgelidden hunn. Nëmmen duerch hire Courage an Asaz kënne mir haut zesummen a Fräiheet liewen.

Mir wëllen haut besonnesch deenen Affer aus eiser Gemeng gedenken an hiert Undenken an Eieren halen.

Mir solle kämpfe géint all Unzeeche vu Virurteeler, Veruechtung an Aggressivitéit géintiwwer Mënschen, vun deene mir mengen si wären anescht.

Nach ëmmer ginn et Kricher, wei säit Enn Februar 2022 an der Ukrain oder säit dem 7. Oktober 2023 den Ugrëff vun der Hamas aus der Gaza op Israel. Och do stierwen ëmmer nach Männer, Fraen a Kanner, a Familie ginn ausernee gerappt oder musse flüchten. Vill vun ons hunn am Ufank vum Ukrainkrich hir Solidaritéit gewisen a gespent, sief et materiell Saachen oder mat Donen, wat de Mënsche vun do villäicht ee klenge Liichtbléck ginn huet.

Mir alleguer kënnen een Deel zu enger mënschefrëndlecher Gesellschaft bäidroen, andeem mir eise Matbierger mat Respekt, Toleranz a Versteesdemech begéinen.

Erënnerung ass eis Pflicht géintiwwer de Verstuerwene vum Krich, an si gëtt eis d'Méiglechkeet, fir déi jonk Generatiounen ze sensibiliséieren. Si sollen zesumme mat eis léieren net fortzekucken, mee sech ze engagéiere fir Demokratie, Fridden a Fräiheet.

Erënnerung ass wichteg, an dat Joer fir Joer a Generatioun fir Generatioun.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Chrëschtnech, de 14. Oktober 2023

*Foto: Corinne Meyers*





Foto: Georges Koster

# SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

## AN DER SCHOUL


De 15. September, den éischte Schouldag vum Schouljoer 23-24, hunn d'Kanner aus der Spillschoul sech iwwer dat neit Klotergerüst gefreet. Bei schéinstem Wieder konnt an der Paus gutt profitéiert ginn a souwuel d'Klotergerüst wéi och d'Sandkëscht ware gutt ausgelaascht, an d'Kanner hu flott gespillt a wäerten och am Laf vum Schouljoer nach gutt vun deem neie Spillgerät profitéieren.

*Joëlle Niederweis*









# ADVENTSMAART, 1. DEZEMBER 2023

Pünktlech virum 1. Advent huet d'Elterevereenegung Waldbëlleg hiren traditionellen Adventsmaart organiséiert. E Freideg, den 1. Dezember 2023 ab 16:00 Auer war d'Bushal gutt gefëllt.

Et gouf den traditionelle Glüwäin a Glügin, a fir d'Kanner duerft de Schocki natierlech net feelen. Och d'Paangecher ware schnell alleguerte fort, an och d'Käschten esou wéi d'Wirschtercher mat Sauerkraut hu geschmaacht.

Eis mëttlerweil traditionell Tombola hat och e grousse Succès bei Grouss a Kleng. Déi klassesch Adventskränz an eis Scheiwen, déi mir mat Léift a mat Hëllef vun eise Kanner selwer gemaach hunn, waren och erëm am Verkaf. Leider waren der dëst Joer nach e puer mei iwwreg, dofir awer keng Stolle mei Rescht.

Fir hire Schoulausflug ze finanzéieren, ware verschidde Schoulklasse mat e puer Stänn vertrueden. All Stand, ob





et selwer gebastelt Chrëschtdekoratioun oder e Secondhand Maart war, hat e grousse Succès.

E besonneschen Highlight dëst Joer war e Chrëschtconcert vum Cycle 2. Mir soen eisen „special guests“, de Kanner an dem Léierpersonal, e grousse Merci fir déi flott Lidder, déi si zum Beschte ginn hunn.

Well esou vill Eltere mat hire Kanner op den Adventsmaart komm sinn, hu mir d'Méiglechkeet, den Erléis karitativen Zwecker zoukommen ze loosse. Mir wäerten esou och alleguerten d'Schoulkanner, vum Precoce bis zum Cycle 4.2, finanziell bei hirem Ausflug oder soss Aktivitéiten ënnerstëtze kënnen. Den Elteren, de Kanner an dem Léierpersonal déi do waren, soe mir dofir Merci!

Zum Schluss soe mir der Gemeng an hire Mataarbechter Merci fir d'Virbereedung an den Amenagement vun der Bushal.

*Text: Elterevereenegung*
*Fotoen: Damaris, Olivier Glod*



















# MAISON RELAIS

An der Maison relais gouf fläisseg fir Chrëschtdag gebastelt, gespillt a gelaacht. De Kleesche koum bei si an huet hinnen hir verdéngte Kaddoe bruecht. Den Houseker konnt do just nëmmen einfach nokucken.























# VERÄINER // *ASSOCIATIONS*

## D'CHRËSTNECHER AEROMODELLISTEN



D'Wieder huet muench agreabel Terrasse-Séance nom Fléien erlaabt!

Am spéiden Hierscht koum méi Wand an e sällege Reen.

De Flouer war eidel an den AMC-Terrain gouf déi lescht Kéier geméit.



Dëtt Joer sinn d'Krukerte spéit an de Süde gezunn, eng séllegen deeër schéiner Formatioune koumen awer am Vugelsbësch laanscht!












Leider huet op Chrëschtdag, eise léiwe Pilote-Kolleeg, Frënd a Vizepresident vum Club, de Jean-Marc Kappler vu Waldbëlleg säi leschten Envol gemaach.

Äddi Jean-Marc, merci fir däi laangjäregen Asaz fir den AMC!

Bei Froen iwwer dem AMC seng Aktivitéiten, kënnt Dir Äntwerte beim Paul Mehlen kréien. Tel. 621 21 91 29.

Bei e wéineg Schnéi, jett Wand, Reen an Niwwel gouf et nom Fléie Kaffi a Kuch beim Adventskranz, gutt Laun a kollegiaalt Zesummesinn ... awer am klenge Krees ... an elo am Chalet, an net méi op der Terrasse.



De Lieser vum FUUSS wënsche mir e gutt Joer 2024, Freed, Fridden, Gesondheet an Dankbarkeet fir all Guddes wat eis widderfiert!

*Redaktioun a Biller: Henri Beissel, Marcel Delleré, Alex Federmeyer, Jos Gaspard, Romain Hanten, Pol Mehlen a Push Steffen*

## JONK & AL



No eiser Rees de September op Wien stoungen nach véier weider Aktivitéiten um Programm. Dovunner dräi Portes ouvertes, de 4. Oktober, de 15. November an de 6. Dezember – Niklosdag. Mat eiser traditioneller Chrëschtfeier, de 16. Dezember hu mir den Ofschloss vum Joer 2023 zesumme gefeiert.

Bei der Porte ouverte vum 15. November hunn d'Marianne an de Pierre eis invitéiert, fir mat hinnen op hiren 2 mol achtzegste Gebuertsdag unzestoussen a wou si d'Iessen an d'Gedrénks offréiert hunn. Ee Nomëtteg wou mir zesummen nees schéin an onvergiesslech Stonne verbruecht hunn.







Och eis Chrëschtfeier war wéi ëmmer gutt besicht. Mir hunn e klenge Réckbléck gemaach vun der Rees op Wien, andeems mir eng Projektioun vun de Fotoen, déi iwwer déi fënnef Deeg gemaach si ginn, presentéiert hunn. Eis Tombola hat nees ee grousse Succès och wann net all Lous ee Gewënner war, esou ass dach kee mat eidelen Hänn heemgaang.

Mir soen eise Memberen ee grousse Merci fir hir Verbonnenheet iwwer d'Joer 2023, an hoffen Iech och weider zu esou vill kënnen ze begréisse bei eisen Aktivitéiten am neie Joer 2024.

Ee Programm vun Aktivitéiten, déi mir mat Club Senior „An der Loupescht" zesummen ubidde wëllen, fir – ausser eise Portes ouvertes – nach aner Méiglechkeeten ze hunn, d'Offer vum Club Senior „An der Loupescht" mat aneren ze deelen.

*Mat beschte Gréiss vum Kommitee*
*vu Jonk & Al Waldbëlleg.*









# CLUB DES JEUNES

2023 goung gutt op en Enn. Zum Schluss vum Joer hu mir flott Aktivitéiten zesumme mat eise Memberen ënnerholl.

De 4. November hate mir eist traditionellt Kiermesiesse mat Ham, Fritten an Zalot. Eng ronn 80 Leit hunn de Wee op Chrëschtnech fonnt an zesumme hu mir e flotten Owend verbruecht.









De 5. Dezember si mir mat Kleeschen, Houseker an Engelcher duerch d'Gemeng gezunn an hu Kaddoen un d'Kanner verdeelt. Och dat war eng grouss Freed fir Grouss a Kleng.

De 14. Dezember konnten d'Leit aus der Gemeng eis Adventsfënster kucke kommen. Mat Glüwäin, Schocki an engem gudde Paangech hu mir den Owend ausklénge gelooss.





De 16. Dezember si mir mam Bus op Köln op de Chrëschtmaart gefuer an hunn eis et gutt goe gelooss.

**Save the Date!!!**

De 27. Abrëll invitéiere mir Iech all häerzlech op déi 20. Editioun vum Knëppelbal.

*Joëlle Duschang*



## UERGELFRËNN WALDBËLLEG

Eis Generalversammlung 2023 ass e Mëttwoch, den 28. Juni am Veräinsbau zu Chrëschtnech ofgehale ginn. Dobäi hu mir op eng erfollegräich Saison zeréckgekuckt, déi éischt, déi net méi ënner de Beschränkunge vun der Covid-Pandemie stoung. Mir hunn der Gemeng, déi duerch de Conseiller Romain Tobes vertruede war, Merci fir hir finanziell a moralesch Ënnerstëtzung gesot. Mir hunn och eisem laangjärege Member a Keesserevisor dem Jemp Schmit nogetrauert, deen am Januar 2023 vun eis gaangen ass, an och senger Fra der Irène, déi mir dann e puer Woche méi spéit verluer hunn.

**Fir Ären Agenda 2024 notéiert Iech wgl.**
**déi heiten Datumer:**

**Sonndes, den 10. Mäerz um 17 Auer:**
Recital mat Autumn Le Lievre (Harf) a
Robin Alder (Uergel).

**Sonndes, de 27. Oktober (à confirmer):**
A-Cappella Chouerconcert ënner der Leedung vum
Nicolas Billaux.

*Henry Wickens*

## ËMMER FIT



Am September si mir an déi nei Saison gestart.

Dëst Joer nei, e Soft-Gym Cours. Dëst als Alternativ oder Zousaz zu dem traditionellen Ëmmer-Fit Workout a wéi gewinnt méindes owes zu Waldbëlleg an der Sportshal. De Soft-Gym Cours ass eng Aart Gymnastique „douce“, wou déi verschidde Beräicher vum Kierper geziilt mat Hëllef vun enger kontrolléierter a bewosster Ootmung trainéiert ginn, ouni datt d’Muskelen an d’Gelenker ze staark beusprocht ginn. Fir ze Starte proposéiert d’Agata ëmmer e relativ laange Warm-Up mat vill Deenungsübungen/Stretching, datt de Kierper sech lues opwiermt an de Kreeslaf a Schwong kennt. Am Prinzip ass den Training méi schounend, et ass virun allem e Mix aus Deenung a Mobilitéit. D’Kierperhaltung gëtt duerch Koordinatiounsübunge verbessert. Bauch- a Réckemuskele gi gestäerkt, Beckenbodentraining a Kombinatioun mat Otemübungen. Muskelopbau mat dem eegene Kierpergewiicht an oder och mat liichte Gewiichter. Donieft oder besser gesot direkt am Uschloss leeft nach ëmmer eise gewinnten Ëmmer-Fit-Training.





Och dëst Joer hu mir erëm vill Zoulaf. Vill nei Gesiichter aus anere Gemenge si bäikomm, awer och vill trei a bekannte Membere komme Méindeg fir Méindeg op Waldbëlleg, fir sech a Form ze halen. En tout si mir zu ronn 60 Dammen: vu jonk bis „al“ ass alles vertrueden. Mir sinn immens frou, datt eise Veräi souvill Succès huet. D’Agata stellt ëmmer e flotten an ofwiesslungsräiche Programm zesummen, datt et och sécher nit langweileg gëtt. Sou z.B. fir d’Joer ofzeschléissen e leschten Training virun de Feierdeeg. „12 Days to Christmas“, klengt gutt an interessant. Den Training huet aus 12 verschiddenen Übungen a ville Ronnen a Widderhuelunge bestanen. All Ronn koum eng Übung dobäi an et fänkt een ëmmer erëm vu vir mat der éischter Übung un. Wat sech am Ufank nach ganz „easy“ unhéiert, stellt sech awer zimmlech séier als e relativ heftege Ganzkierpertraining eraus, deen et nawell an sech huet. Mir haten eise Spaass, hunn alles ginn an den een oder aneren hat den Dag drop sécherlech e „klenge“ Muskelkater.




Déi Dammen, déi elo op de Goût komm sinn, motivéiert sinn an och bei eis matmaache wëllen, kennen sech gäre bei eis mellen. Dëst am beschte per E-Mail **emmer.fit@gmail.com**, oder einfach emol méindes owes schnuppere kommen.



**Soft-Gym-Cours**
18:30 - 19:30 Auer

**„traditionellen“ Ëmmer-Fit-Workout-Training**
19:30 - 20:30 Auer

Et ass ëmmer flott an ofwiesslungsräich.
A virun allem kënnt oder bleift een a Form.

An dësem Sënn, bleift gesond, fit a monter.

*De Comité vum Turnveräin Ëmmer Fit*

# FRËNN VUN DE POMPJEEËN GEMENG WALDBËLLEG

## E GROUSSE MERCI FIR ALL ÄER ËNNERSTËTZUNG

Léiw Dammen an Hären,
ech hoffen Dir konnt d'Joer 2023 erfollegräich zu Enn bréngen, an Är gesaten Ziler erreechen. Bei eise Pompjeeë kënne mer allzäit op en ofwiesslungsräicht Joer zeréckblécken a jidderee vun eis ass gesond a monter vun Asaz an Übung nees heemkomm.
Den CGDIS konnt seng 5 Joer feieren an huet sech gutt entwéckelt am Déngscht vun der Bevëlkerung.

Merci fir dee staarken Undrang um Buergbrennen an och op déi grouss Ënnerstëtzung beim Grillen op der Millen am Mëllerdall. Dëst erlaabt eis dann och esou munch aner Aktivitéit mat eise Memberen ze maachen an esou den Zesummenhalt an eisen Equippen ze stäerken. Dëst huet eis awer och erlaabt zwee Hëllefsprojeeën z'ënnerstëtzen. Op der enger Säit ë Projet vun der Amicale vum CIS Hobscheid, wou mer 1000€ fir eng Dréileeder fir d'Ukrain gespent hunn, an eng Aktioun vu 600 € zu Gonschte vu Weesekanner zu Lëtzebuerg.
Dëst fir d'Kannerschlass a.s.b.l. an dem Mierscher Kannerduerf.
Nëmmen duerch Iech all konnte mer dëse generéise Geste maachen.

Natierlech hunn och eis Jugendpompjeeën déi eng oder aner Aktivitéit konnte maachen. En Zeltlager am Mee, e puer Rallyen a villes méi stoung um Programm. Nächst Joer ass e regionaalt Zeltlager zu Konsdref scho festgeluecht an et gëtt fläisseg trainéiert.

An deem Sënn wire mir frou wann Der weiderhin eis „Jugendpompjeeën“ an d'Frënn vun de Pompjeeë vum Centre d'Incendie et de Secours vu Waldbëlleg a.s.b.l.“ géift ënnerstëtzen. Dëst kënnt Dir gäre mat engem Don als Éieremember op follgende Konto maachen:
BGLL LULL LU37 0030 1145 1185 0000 „Don + evtl. Numm“

Fir d'Amicale: Thill Jonathan








# FRËNN VUN DE POMPJEEËN GEMENG WALDBËLLEG

## **DU** WËLLS DE POMPJEEËN HËLLEFEN,

**ouni awer sëlwer mussen am Feier ze stoen.**

## **DU** WËLLS D'POMPJEEËN ËNNERSTËTZEN,

**ouni awer de Spaass am Veräin ze vergiessen.**

## DA BASS **DU** GENAU RICHTEG BEI ÄIS.

**Maach elo mat bei de**
**„Frënn vun de Pompjeeën Gemeng Waldbëlleg“**

**ALL INFOEN beim Thill Jonathan**
**691 66 98 42 (no 18 Auer wgl.)**



# FRËNN VUN DE POMPJEEËN GEMENG WALDBËLLEG

Léif Matbierger,

traditionnel ginn d'Frënn vun de Pompjeeën vun der Gemeng Waldbëlleg och dëst Joer Eeër ophieven.

Wéini ass dat dann?

Fuesdënsdeg, den 13. Februar.
Start um 13:00 Auer
beim Busarrêt am Duerf zu Waldbëlleg

Falls Dir dësen Dag verhënnert sidd,
kënnt Dir jo och gären
d'Eeër, de Speck, oder ...
bei Ärem Noper fir äis
op d'Säit leeën.

Villmols Merci
fir Är generéis Ënnerstëtzung.

D'Frënn vun de Pompjeeën
Gemeng Waldbëlleg.




FRËNN VUN DE POMPJEEËN GEMENG WALDBËLLEG
SANG-MAT WALDBËLLEG-HALER
BUERGBRENNEN
Buergsamschdeg, de
17. Februar 2024
Hal Waldbëlleg
13:30 Auer
De Gesang fiert mam
Won duerch d'Duerf an
deelt Paangecher aus.
19:00 Auer
Fakelzuch bei
der aler Gemeng
fir Grouss a Kleng.
19:15 Auer
Buergbrennen
OCH DËST JOER NEES:
HAUSGEMAACHE
GROMPEREKICHELCHER
MAT KOMPOTT

# WANTED

**112**
**POMPJEESGÄSSEL**

## Leif Matbiergerinnen, leif Matbierger,

wärend eise villen Asätz an deene leschte Joren,
ass eis opgefall, datt ëmmer méi Haiser
keng siichtbar Hausnummer op hire Fassaden
oder Bréifkëschten hunn.
Wëll dës awer fir en effizienten Pompjeesasaz
ganz wichteg ass, biede mir lech alleguerten dës Situatioun
ze iwwerdenken a vläicht déi eng oder aner Hausnummer
auszetauschen, esou datt mir an Zukunft och
Äert Haus direkt fannen a schnell hëllefe kënnen.

Merci fir Äre Versteesdemech.
Är Pompjeeën

# KALATOU ASBL



Am FUUSS vum Mee 2023 hu mir bericht, wéi nom Bau vun der Schoul zu Kpakouate eise Veräi festgestallt huet, datt weider Dierfer an der Région des Savanes am Togo dréngend eng Infrastruktur brauchen, fir d'Schüler sécher a gesond ënnerriichten ze kënnen. Schlussendlech ass decidéiert ginn, datt d'Duerf Nabonga Hëllef vun eisem Veräin sollt kréien, fir en neit Schoulgebai opzeriichten.

Am Laf vum Joer 2023 huet eis Presidentin, d'Mme Thérèse Bagnah vun de Kiwanis, dem Lions Club an dem Rotary Club all Kéiers 8.000 € versprach kritt, fir d'Aarbechten ze bezuelen. Am Oktober ass si dann nees an den Togo gereest, an huet do d'Aarbechte bestallt. Leider sinn awer duerch Präiserhéijunge vu Rostoffer am Togo, wéi soss op der Welt, d'Aarbechte méi deier ginn, sou datt et mat 24.000 € net méi duergaangen ass. Amplaz méi Suen ze froen hunn awer d'Leit vun Nabonga selwer Sand, Waasser a Kiselsteng ugeschaaft an hu bei der Aarbecht fräiwëlleg eng Hand ugepaakt, fir datt den Entrepreneur bannent sengem ursprénglechen Devis konnt bleiwen.

D'Aarbecht huet am Dezember 2023 ugefaangen. Am nächste FUUSS hoffe mir, iwwer de weidere Progrès vun dësem Projet ze berichten.

Heibäi an der éischter Foto gesitt Dir den tristen Zoustand vun de Gebaier, wou d'Primärschoul vun Nabonga bis ewell ënnerbruecht ginn ass. Dat zweet Bild weist d'Schüler vun Nabonga, déi fir d'Schoulbicher Merci soen, déi si aus der Gemeng Waldbëlleg kritt hunn.

An der Tëschenzäit ass d'Mme Kerstin Becker an de Comité vum Kalatou komm, déi eis mat hirer Expertise am Marketing-Beräich bei weidere Projete wäert hëllefen, potenziell Donateuren un eisem Veräin a sengen Ziler z'interesséieren.

Natierlech si mir awer fir all Don hei aus der Gemeng immens dankbar. Dir kënnt en Don op ee vun de Konte vun der Fondation Fonds interculturel maachen:

POST: LU88 1111 0878 7590 0000 oder
BCEE: LU69 0019 1000 0116 0000

Dir kritt dann en Certificat vum Fonds interculturel, deen Iech erlaabt, Ären Don vun de Steieren ofzesetzen.



Mir sinn nach ëmmer op der Sich no Spillsaachen a (franséische) Kannerbicher fir d'Schoulen an der Regioun Dapaong. Wann Dir eppes fir eis hutt, da kontaktéiert wgl. eis Presidentin Thérèse Bagnah, 9, rue de Christnach, L-7680 Waldbillig, Tel. 691 79 97 61; E-Mail: kalatou.info@gmail.com.

**Am Comité vu Kalatou sinn:**
BAGNAH Thérèse (Presidentin);
BECKER Kerstin (Vizepresidentin);
WICKENS Henry (Sekretär);
STEVENS Elli (Caissière);
a BADEN-LOBITZ Danielle.

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Thérèse Bagnah*

# FC OLYMPIA CHRISTNACH/WALDBILLIG

Léif Leit aus der Gemeng, léif Frënn a léif Membere vum FCO, als éischt mol Merci gesot fir Är Ënnerstëtzung fir onse Veräin am Joer 2023.

Wat ass lass beim FCO a wat wäert nach lass sënn am Joer 2024? Am Championnat ginn ons Jugendequipë sech gutt drun, vun de Cadets bis erof bei Pupilles, ee grousse Merci un Trainere fir hir Aarbecht, déi se do leeschten an och un all déi, déi bei de Jugendmatcher ëmmer erëm eng Hand upaken.

**Follgend Evenementer sënn dann nach fir dëst Joer geplangt:**

**8. Juni** onst Paëllafest;
**8., 9. an 11. August** onse Summerturnoi;
**19. Oktober** onst Wëldiessen;
**22. November** onse Kéisowend.






Du hues Loscht op Fussball? Däi Meedchen oder Jong hu Loscht Fussball ze spillen? Da mell dech bei ons, maach eng Mail u comite@fcolympia.lu. Matt Hëllef vun der Tabell hei hannendru kann een erausfannen, wei d'Alterskategorien opgedeelt sënn.

**Alterskategorien 2023/2024 vun den Equipen, déi mer hunn.**

| **Seniors** | **Cadets U17** | **Scolaires U15** | **Minimes U13** | **Poussins U11** | **Pupilles U9** | **Bambinis U7** |
|---|---|---|---|---|---|---|
| vu 16 Joer un | **2005**<br>**2006**<br>2007<br>2008 | **2007**<br>**2008**<br>2009<br>2010 | **2011**<br>**2012**<br>2013 | **2013**<br>**2014**<br>2015<br>an ab 7 Joer | **2015**<br>**2016**<br>an ab<br>6 Joer | **2017**<br>an ab 5 Joer |





**Heimat och ee grousse sportleche Merci un:**

eis Sponsoren, déi eis et erméiglechen sou als Duerfveräin ze funktionéieren;

e spezielle Merci un eis Memberen an trei Supporter, déi ëmmer mat upaken an hëllefe wa mir als FCO eppes organiséieren oder op deenen Events wou mer als Veräin aushëllefen esou wéi deslescht um Chrëschtmaart am Mëllerdall;

an natierlech ee grousse Merci un d'Gemeng.

Wei Der villäicht gesinn hutt, ass ons al Buvette ofgerappt ginn, mee keng Suerg, et gouf eng provisoresch opgeriicht, fir datt Dir bei Reen a kalem Wieder net musst dobausse stoen. Do kritt Dir déi gewinnt Saache fir ze iessen an ze drénken – dofir kommt laanscht op eis Matcher vun der Jugend an/oder der Seniorsequipe. Wéini Matcher sënn kënnt Der op eisem Facebook-Account oder op eisem Internetsite **www.fcolympia.lu** gesinn.

Onst Zil ass et d'Nowuessaarbecht weiderhin ze verbesseren an alle Kanner d'Méiglechkeet ze ginn, fir Fussball an onser Gemeng ze spillen. Dëst ass mat Sécherheet net einfach, well Leit ze fannen, déi sech engagéiere fir Kanner ze trainéieren an och fir am Veräin ze hëllefen, net einfach ass.

Deemno bis geschwënn dann um Terrain.

*Mat beschte sportleche Gréiss*
*de Comité vum FCO*







## D'CONCERTE VUN DEN UERGELFRËNN



Den 22. Oktober sinn eis Kolleege vum Renaissance-Vokal-Ensembel „The Art of Music" fir d'drëtt Kéier (déi aner waren 2003 an 2016) bei eis e Concert sange komm, wou den englesche Komponist William Byrd (1539-1623) zur Geleeënheet vu sengem 400. Doudesdag zu Éiere komm ass. Hiren Dirigent de Mick Swithinbank huet dobäi och e puer Uergelstécker vum Byrd a sengen Zäitgenosse gespillt. An deem Zesummenhank hu mir och engem vun de Sänger, dem Edward Seymour, deen och e laangjäregen Uergelfrënd ass, bei sengem leschten Optrëtt am „The Art of Music" e Cadeau iwwerreecht. E Publikum vun iwwer 50 Leit huet de Concert gutt ze schätze gewosst.

De 17. Dezember huet dann de Mëllerdaller Männerchouer ënner der Leedung vum Jemp Origer e Chrëschtconcert gesongen. No de schwierege Covid-Jore war et eng Freed, erëm zu ronn enger Dose Männer an 2, 3 a souguer 4 Stëmme sangen ze kënnen. Begleet war de Chouer op der Uergel an op dem Piano vum Roger Recht. Zwëschent de Lidder huet de Roger eng etlech wonnerschéin Uergelstécker gespillt, déi haaptsächlech aus dem Barock an op Advents- a Chrëschtdagslidder baséiert waren. Dobäi huet hie gewosst, déi verschidde Klangfaarwe vun der Uergel beschtens zur Geltung ze bréngen. (Fir d'Kenner ass besonnesch bei de Choralpräludien op „Wachet auf" d'Zongeregister Krummhorn 8-Fuss am Cantus Firmus positiv opgefall!)

Nom Concert huet de Veräin de Sänger an dem Publikum vun ëm déi 45 Leit Glüwäin a Stollen zum Beschte ginn an esou hu mir d'Joer 2023 op déi beschtméiglech Manéier ofgeschloss.

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Henry Wickens, Camille Goedert.*





# D'HERINGERBUERG AM MËLLERDALL ASS ENG WANDERUNG WÄERT!

Wann een e Stéck Mëllerdall Trail geet an de relativ kuerzen (3,6 km) lokale Wanderwee W2 hëlt, spadséiert ee laanscht d'Kaasselbaach an hier wonnerschéin zerklüfte Fielsbrocken. Heiansdo mengt een, et wär een an engem Bësch, wéi een en aus de Ritterfilmer kennt. Effektiv lant een zum Schluss bei den Iwwerreschter vun enger bekannter Buerg, der Heringerbuerg. Net vill Konkreetes aus iwwer dës interessant Ruin gewosst.

D'Buerg selwer läit op enger Kopp, also enger idealer Defensivstellung, an ass an de Fiels gebaut: Si ass e Beispill vun enger „Höhlenburg".

Wéi al ass dës Buerg? Dem Jean Engling no ënner 800 Joer. Si gouf fir d'éischt am 14. Joerhonnert als Schlass Heryngen erwäänt. Um Enn vum 15. Joerhonnert haten d'Heringer Ritter keng männlech Nokomme méi. Domat huet d'Rittergeschlecht als ausgestuerwe gegollt. D'Wittfra vum leschte Ritter, dem Johann vun Heringen, plënnert mat hiren zwee Meedercher op Ell, dem Wunnuert vun hirem zweete Mann.

Am 17 Jh. huet d'Heringer Buerg dem Jong vum Gouverneur Beck gehéiert an ass an d'Herrschaft vu Beefort iwwergaang. An där Zäit gouf d'Buerg schonn als verfall a just e Koup Steng beschriwwen.

D'Heringerbuerg gouf 1917 vun der Mme Letellier, enger Wittfra aus Konsdref, gesteet, mat 6 ha Bësch a gouf 1955 un de Baron Schorlemer vum Grondhaff verkaaft.

Vill Seeërcher ginn iwwer di wëll Heringer Ritter erzielt: där romantescher, z.B. iwwer d'Griselinde, déi mat hirem schéine Gesank Vereerer wäit a breet ugelackelt huet. Et ginn och grujeleg Legenden iwwer d'Raubritter, vrun allem iwwer de Veit, dee geraibert huet an e Schatz ënner der Buerg vergruewe soll hunn. „Wer den Schatz bergen wollte, durfte keine Schuld auf sich tragen und musste äusserst verschwiegen sein." Vill Versich goufe gemaach, fir un de Schatz ze kommen, vum Doléiner bis bei de räichen Härebauer, an oft hunn si hir Habgier mam Doud bezuelt.



De Professer Jean Engling schwätzt vun ënnerierdesche Gäng, enger Falbréck a ville raschtege Waffen, déi um Fouss vun der Ruin fonnt goufen an am Stater Musée ausgestallt sinn.

*Text a Foto: Isabelle Oberlé*

*Quellen:*


1. *Roger Bour, Taschenführer durch die Burgen und Schlösser in Luxemburg, (1995) dritte und erweiterte Auflage, ISBN: 2-87963-213-7)*
2. *Obermosel-Zeitung, 6.04.1917*
3. *Cécile Welter, „Sagen und Legenden um die Heringerburg", S. 231-233, Livre d'or édité à l'occasion du 150e anniversaire de la naissance du poète national Michel Rodange et du 75e anniversaire de la Fanfare de Waldbillig (1977)*
4. *Jean Engling, „Die Gemeinde Waldbillig archäologisch und statistisch dargestellt von Professor Jean Engling (1801-1888", S. 214-216, Livre d'or édité à l'occasion du 150e anniversaire de la naissance du poète national Michel Rodange et du 75e anniversaire de la Fanfare de Waldbillig (1977)*

# D'LIDD VUM HIERGER HÄR vum Michel Rodange

D'Lidd vum Hierger Här ass aus: „Dem Grow Sigfrid seng Goldkuommer. E Komëdesteck a 5 Acten", dat 1928 vun dem Michel Rodange senger Famillje beim Raume fonnt ginn ass, an dat den Nikolaus Welter 1929 erausginn huet.

Et ass eng lëtzebuergesch Versioun vum August Platen sengem ni opgeféierte Jugendwierk „Der Schatz des Rhampsinit".

Et geet ëm e Goldschaz vum Grof Sigfrid, deen aus engem Tuerm geklaut gouf. Verdächtegt gëtt de Barrong vu Schibbereg a Bibberech, deen sech ëm dem Sigfrid seng Duechter Valdin beméit. Den Déif ass awer dem Baumeister säi Jong, de Jousep, deen d'Gold geklaut huet, well säi Papp net korrekt bezuelt gi war fir d'Aarbechten um Tuerm. De Jousep an d'Valdin si verléift an no enger Partie bluddeger Eskapaden gëtt et en Happy-end.

D'Lidd vum Hierger Här steet am 6. Optrëtt vum 1. Akt. Et gëtt gesong vum Jousep.




### D'Lidd vum Hierger Här

Do wou d'Schwaarzärenz
Duerch de Bësch leeft
Souz den Hierger
Här am Buergnascht,
Dat ganz héich war,
Mat der Duechter,
Déi ganz schéi war.
An zu Beefert
War e Jonker,
Deen se gär hat,
An si hien och.
Awer Beefert
An den Hierger
Ware Feind sech
Bis an d'Séil an.

E Verréider
An e Schmalzert
Koum zum Hierger
An dee sot em:
Wann Der fort sidd,
Kënnt de Jonker
Op Iert Schlass hier.
Wat e mécht hei
Musst Dir wëssen.
Datt Dir fort sidd,
Dat gesäit een
Un den Trëtt vun
Ierem Räitpäerd.

An den Hierger
Rennt no Bëlleg
An e seet do
Zou dem Schmadd dëtt:
Hei beschlo nu
Ganz geschécklech
Du mäi Räitpäerd,
D'Hënnescht vir mer.
An de Schmatt schléit
Op den Undels
An op d'Eisen
Datt et fonkelt.
Da beschléit en
Him säi Räitpäerd,
D'Hënnescht vir schéin.
Op säi Féxchen
Sprëngt den Här du,
An du hannescht.
Riicht op heem zou.
Awer d'Houftrëtt
Vun dem Räitpäerd
Weisen anescht.

Ëm den Owend
Nu geridden
Koum vu Beefert
Och de Jonker.
Frou gesäit en
Un den Houftrëtt
Datt den Hierger
Nach eraus wir.
Klappt un d'Paart lues
Déi och opgeet.
Wéi de Jonker
War am Schlasshaff,
Sprëngt den Hierger
Un den Hals em
Mat dem Räitkniecht
An se stoussen
Iwwer d'Fiels of
Géi de Jonker
Sechs Versinns déif.




*Foto: Damaris*

# LIEWEN AN DER GEMENG // *VIE RURALE*

## AM RECYCLINGCENTER ZU JONGLËNSTER

Dëse Summer war ech oft Client am Recyclingcenter zu Jonglënster (RCJ). Ech sinn ëmmer frëndlech empfaange ginn a krut Hëllef, wann ech net wousst wouhi mat mengen „Materialien“. Den Tom Majeres, Direkter vun CCN (1), huet mer erkläert, dass si net gär dat Wuert „Offall“ benotzen, well et sech am gréisste Fall ëm Rohstoffer handelt, déi een recuperéieren kann, amplaz, wéi vrun nach net all ze laanger Zäit, se ewechzegeheien.

De Motto vum RCJ ass: „éviter, sinon réutiliser, sinon éliminer“.

De Recyclingcenter Jonglënster (2) ass fir all d’Bierger aus de Gemenge Bech, Bäerdref, Konsdref, Jonglënster a Waldbëlleg. D’Iddi ass souvill wéi méiglech erëm ze verwäerten a sou mann wéi méiglech ze eliminéieren. Et ass eng Sammelplaz fir Wäertstoffer – mee awer och fir problematesch Stoffer, déi eemol d’Woch mat engem Camion bei d’Superdreckskëscht (3) gefouert ginn.

### E puer interessant Infoen zum RCJonglënster

#### Mataarbechter

Eng Fra a véier Männer, Duerchschnëttsalter Mëtt Drësseg. D’Mataarbechter gi reegelméisseg forméiert, intern an an de Lokale vun der Superdreckskëscht. Ufänger gi wärend sechs Méint am CNFPC (4) ausgebilt.

D’Mataarbechter musse prett sinn, vill kierperlech ze schaffen. Si mussen zouverlässeg an hëllefsbereet sinn.

#### Eng detailléiert Informatiounsbroschür

An der Informatiounsbroschür kréien d’Bierger matgedeelt, wéi si hiren Offall an de RCJ brénge sollen. Ëmmer erëm gëtt drop higewisen, datt den Offall



getrennt (Kleeder, Schong, Konserven, Glas, Pabeier, Aluminiumsbarketten ... ), eidel a propper muss bruecht ginn, soss kënnen déi Materialien net recycléiert ginn. Mee dofir muss een net nach nei Ressourcë verbëtzen: Sou réit den RCJ z.B. Dousen oder plastiks Iessbehälter mat benotztem Spullwaasser auszewäschen, fir Waasserverschwendung ze vermeiden.

Haushaltsoffäll an zoue Behälter vu periméiertem Iesse kommen net an den RCJ: Si gehéieren an d'gro Poubelle doheem.

Ofgelafe Medikamenter kann een an der Apdikt ofginn oder si kommen (sou wéi d'Kosmetikartikelen) op de Superdreckskëscht-Stand am RCJ).

Beim Plastik muss een op d'Symboler oppassen (PP, PET, PS ...) a se am Recyclingcenter an di richteg Containere leeën.

### Reduce, repair, reuse

De Recyclingcenter wëll d'Leit och dozou ureegen, Offall ze reduzéieren, oder souguer ze vermeiden. Bicher, Kleeder, Schong, Kichenartikel, Deko, Spillgezei gi gär entgéintgeholl, fir weider vermëttelt ze ginn, mee si mussen an engem gudden Zoustand sinn. Elektresch Apparater oder Handwierksgeschier kënnen en zweet Liewe kréien, andeems se a Collaboratioun mat der Organisatioun „Nei Aarbecht" zu Luerenzweiler gefléckt ginn an duerno erëm an d'Kreeslafwirtschaft kommen.

Den neie Secondhandbutteck vum RCJ fënnt ee gläich am Aganksberäich.

### Zukunft

Am RCJ ass een zefridden, mee op der Wonschlëscht steet en Ausbau. Sou kéinten de Gréngschnëtt an d'Baumaterialien ausgelagert ginn. En plus kann een sech en Infozenter virstellen, wou d'Schoulklassen nach besser kéinten empfaange ginn.

Nei: Ganz geschwë fënnt de Client bei all Sammelplaz e QR-Code, deen informéiert, wou a wéi vill vun dem gesammelte Material erëm verwäert gëtt, a wou de Rescht entsuergt gëtt.

Den Tom Majeres ass der Meenung, datt d'Economie circulaire als Fach misst an der Schoul ënnerriicht ginn.



### Null Offall: wéini?!

„Null Offall Lëtzebuerg" ass en Zil, dat eis Gesellschaft nach laang net erreecht huet. Ze vill Verpakungen an Iesse ginn nach ewechgeheit. Wa mir dës Stoffer als Offall verbrennen oder um Dreckstipp vergruewen, produzéiere mer Zäregaser (ënner anerem $CO_2$, Methan, $N_2O$, ...), an d'Äerderwäermung klëmmt. 2022 an 2023 waren extreem waarm Joren. Eis Ressourcë ginn sou lues knapp. Mir musse léieren, manner ze verbëtzen, méi ze recycléieren.

*Text a Fotoen: Isabelle Oberlé*

1 *Centre de coordination nationale pour l'information, la valorisation et le compostage S.A., gegrënnt 1993 befaasst sech mat der Offallwirtschaft zu Lëtzebuerg. Dozou gehéieren de Recyclingzenter Mënsbech, d'Kompostéieranlag Oeko-Center Hesper, de Recyclingcenter Junglënster, de Recycling-Park Fréiseng, de Cactus Drive-In um zu Howald an de Gréngschnëttzenter Senningerbierg.*

2 *Site: rcjunglinster.lu*
*En ass op all Dag ausser sonndes a méindes.*

3 *Superdreckskëscht, Colmar/Bierg: sdk.lu*

4 *Centre national de formation professionnelle continue (Lëtzebuerg, Stroossen, Ettelbréck, Esch/Uelzecht)*



# BUERGERMEESCHTERINNENDAG 2023

D'Buergemeeschterinnen aus dem Land treffen sech zanter enger Rei Joren ënner sech, e Grupp, dee jo nach wäit dervun ewech ass, d'Hallschent vun de Gemengen ze representéieren.

2023 hat d'Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch vun der Gemeng Waldbëlleg, fir den 20. Oktober invitéiert.

Eng zwanzeg aktuell a fréier Buergermeeschterinnen haten sech do getraff.

Um Programm stungen Diskussiounen, eng Randonnée duerch de schéine Mëllerdall an en agreabelt Mëttegiessen an der Heringer Millen am Mëllerdall.

*Marc Barthelemy*
*Fotoen: Natalie Silva, Natassja Mich*



doctena Stëftung HELLEF DOHEEM #aguddenhänn

## *Dispensaire à Larochette*

***Que pouvons-nous faire pour vous aujourd'hui ? Un personnel de santé qualifié vous attend pour:***

- *Pansements*
- *Injections et perfusions*
- *Mesures de glycémie*
- *Prises de tension artérielle*
- *Prises de sang*
- *Autres soins infirmiers*

**Notre adresse et contact:**
**29 chemin J.A. Zinnen, L-7626 Larochette**

Tél. 40 20 80-3400
Mail: larochette@shd.lu

***Heures d'ouverture:***
*Lundi - Vendredi: 6.30h – 12h*
*pour vos rendez-vous testez notre nouvelle collaboration avec Doctena.*

www.shd.lu
www.secherdoheem.lu
info@shd.lu

doctena Stëftung HELLEF DOHEEM #aguddenhänn

## Dispensaire in Larochette

***Was können wir heute für Sie tun?***
***Qualifiziertes Gesundheitspersonal erwartet Sie für:***

- *Verbände*
- *Injektionen und Infusionen*
- *Blutzuckermessung*
- *Blutdruckmessung*
- *Blutentnahmen*
- *Weitere pflegerische Dienste*

**Unsere Adresse und Kontaktdaten:**
**29 chemin J.A. Zinnen, L-7626 Larochette**

Tél. 40 20 80-3400
Mail: larochette@shd.lu

***Öffnungszeiten:***
***Montag bis Freitag: 6.30h – 12h***
***Testen Sie unsere neue Zusammenarbeit mit Doctena für Ihre Terminvereinbarung.***

www.shd.lu
www.secherdoheem.lu
info@shd.lu



*Foto: Georges Koster*




# CHRËSCHTMAART OP DER HERINGER MILLEN



De Chrëschtmaart op der Heringer Millen ass elo schonn eng Traditioun. D'lescht Joer war e bëssi méi naass ausgefall, esou och leider den Dezember. Mee och bei dësem sabbelege Wieder hu vill Leit de Wee (trotz de sëllege Chantieren) erof an de Mëllerdall fonnt. Als Green Event ugekënnegt ass de Maart och esou ofgelaf, dofir och e grousse Merci un déi lokal Veräiner, déi gehollef hunn dëst ze realiséieren. Heibäi ass drop opgepasst ginn, datt lokal a regional Produite verschafft ginn (resp. och Bio oder fair gehandelt), an datt dës ouni Eeweegeschier verdeelt ginn.



2023 gouf vum Syndicat an nei Chaleten investéiert, wouran esou-wuel al bekannten, ewéi och ganz nei Aussteller hir flott a selwer hier-gestallte Wueren ugebueden hunn.

Wéi all Joer gouf och vill gebak.

Sonndes huet de Kleeschen eise Maart besicht, wou heen a senger Stuff Plaz geholl huet. Vill Kanner hunn sech iwwer eng gratis Titche gefreet.



















Op dësem Wee seet de Syndicat och alle Leit MERCI, déi sëch op iergendeng Aart a Weis wärend dem Chrëschtmaart engagéiert hunn.

*SIT Waldbëlleg*

# ADVENTSFËNSTER-TRËPPELTOUR

Mëttwochs, de 27. Dezember 2023 hat d'Beweegungs-kommissioun hiren Adventsfënster-Trëppeltour.

Bei guddem Wieder waren eng 30 Leit owes zesummen déi schéin dekoréiert Fënsteren zu Chrëschtnech kucken, an hunn uschléissend zesummen e Patt Glühwäin an e Stéck Stolle genoss.

Ob dëser Plaz wëlle mir der Chorale Sang mat Waldbëlleg-Haler a virun allem der Catalina Baden Merci soen, dass mir dës vun hinnen organiséiert Manifestatioun opgräife konnten, fir tëschend de Feierdeeg e klengen Trëppeltour an der Gemeng ze maachen.

Leit, déi nach Iddien oder Ureegunge fir d'Beweegungs-kommissoun hunn, kenne gär un eis oder d'Gemeng eruntrieden.

*Text a Fotoen: Liz Henx*












Beweegungskommissioun
Gemeng Waldbëlleg
goes Adventsfënsteren
27.12.23 Chrëschtnech
18:00 Auer beim Veräinsbau
Zesumme maache mir en Tour duerch d'Duerf, laanscht d'Adventsfënsteren an als Ofschloss gëtt et nach Glühwäin a Stollen
Tass, Warnwest an Täscheluucht w.e.g matbrengen





# D'HEINZELMÄNNERCHER



## Äre service de proximité

## *Offre spéciale hiver / Winterangebot*

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*

*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir eeler Leit ab 60 Joer oder Hëllefsbedierfteger.*

### *Nous offrons :*

**Service neige**

Déblayage de la neige sur rdv, ou de manière prioritaire sur demande.

**Travaux d'hiver**

Ramassage des feuilles mortes, plantations, repiquage, taille des haies, entretien des tombes, etc.

**Travaux de bricolage**

Petites réparations et petites rénovations.

### *Wir bieten an:*

**Schneeräumen**

Schneeräumen mit Termin, oder nach Absprache auch vorrangig.

**Winterarbeiten**

Welkes Laub zusammenfegen, pflanzen und umpflanzen, Grabpflege, Hecken schneiden usw.

**Instandsetzungsarbeiten**

Kleine Reparaturen und Ausbesserungsarbeiten.

**Tarif TTC | inkl. MwSt: 17,5 €** par heure et salarié | pro Stunde & Mitarbeiter
**7,5 €** par heure et machine | pro Stunde & Maschine

## TÉL.: 28 80 80

CIGR Mëllerdall
Centre d'Initiative et de Gestion Régional

**CIGR Mëllerdall Association sans but lucratif**
Siège social : 76, route de Consdorf L-6551 Berdorf
RCS : F8901 | N° de matricule : 2011610304599
mellerdall@cig.lu | **mellerdall.cig.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

# D'HEINZELMÄNNERCHER
## Äre Service de proximité

## *Offre spéciale de printemps / Frühlingsangebot*

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*

*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir fir eeler Leit ab 60 Joer oder Hëllefsbedierfteger.*

### *Nous offrons :*

**Travaux de jardinage**

Préparation et plantation du potager, entretien de la pelouse, débroussaillage, taille des haies, etc.

**Nettoyage de printemps**

Entretien intérieur et extérieur de votre maison, réparations, nettoyage haute pression, peinture, etc.

### *Wir bieten an:*

**Gartenarbeiten**

Vorbereitung des Bodens, Anpflanzen von Gemüse, Rasenpflege, Unkrautjäten, Heckenschneiden usw.

**Frühjahrsputz**

Instandhaltung Ihres Hauses von innen und außen, Hochdruckreinigung, Reparaturen, Malerarbeiten usw.

**Tarif TTC | inkl. MwSt: 17,5 €** par heure et salarié, pro Stunde & Mitarbeiter
**7,5 €** par heure et machine, pro Stunde & Maschine

# TÉL.: 28 80 80

CIGR Mëllerdall
Centre d'Initiative et de Gestion Régional

**CIGR Mëllerdall Association sans but lucratif**
Siège social : 76, route de Consdorf L-6551 Berdorf
RCS : F8901 | N° de matricule : 2011610304599
mellerdall@cig.lu | **mellerdall.cig.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

# CASA DA SANGRIA



D'Casa da Sangria zu Chrëschtnech vis-à-vis vum Fussball an um Golfsite ass eng exzellent Adress, fir e gudde Maufel ze iessen an dat net ze deier.

De Client huet de Choix: franséisch Kichen oder Pasta, Zaloten oder e gudde Burger. D'Portioune si generéis, an et fënnt een eng grouss Auswiel vu portugisesche Wäiner.

Den Interieur ass elegant, mat gemittlechen Ecker wou een sech eent vun de ville Bicher, di do leien, aussiche ka fir ze liesen, wann ee grad kee Gespréichspartner oder keen Handy bei sech huet.



Am Summer kann een op der Terrass sëtzen an do relax ee vun de ville Cocktailen drénken, déi hannert der grousser Bar frësch gemixt ginn.

E flott Lokal fir en After-Work-Get-Together, mee och fir e romanteschen Dinner.

D'Casa da Sangria ass all Dag op vun 18:00 bis 22:00 Auer. Si liwweren och heem.

**Casa da Sangria**
46, am Lahr
L-7641 Chrëschtnech
Tel. 661 66 20 22

*Text: Isabelle Oberlé*
*Fotoen: Corinne Meyers*






Foto: Damaris

KlimaPakt Meng Gemeng engagéiert sech NaturPakt Meng Gemeng engagéiert sech

# KLIMAPAKT AN NATURPAKT // *PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE*

## TOUR DU DUERF AN DER GEMENG WALDBËLLEG

Vum 10. bis den 30. September 2023 haten d'Klima-Bündnis Lëtzebuerg an de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten déi 10. Editioun vun der Vëlo-Campagne TOUR du DUERF organiséiert. Dëst Joer war d'Gemeng Waldbëlleg fir déi siwente Kéier mat derbäi.

D'Ziler vun der Campagne waren, all Bierger op d'Benotzung vum Vëlo am alldeegleche Liewen ze sensibiliséieren, an d'Thema Benotzung vum Vëlo verstäerkt an der Gemeng anzebréngen. D'Membere vum Gemengerot an de berodende Kommissioune konnten an Ekippen, zesumme mat de Bierger aus der Gemeng, d'Pedallen drécken.

Matmaache konnten all Membere vum Gemengerot, Membere vun de berodende Kommissiounen, Awunner aus der Gemeng, Persounen, déi an der Gemeng schaffen, an engem Veräin aus der Gemeng täteg sinn oder eng Schoul aus der Gemeng besichen.

Bannen 21 Deeg konnt jiddereen, individuell oder an enger Ekipp, méiglechst vill Kilometere sammelen. Schoulklassen, Veräiner, Organisatiounen, Firmen asw. konnten och hir eegen Ekipp zesummesetzen. Jidder Participant konnt déi klimafrëndlech Kilometer am Online-Vëloskalenner op *www.tourduduerf.lu* oder direkt op der Stadtradeln-App/Ville en selle-App androen.

Alles an allem hunn op nationalem Niveau 65 Gemengen a Regioune beim TOUR du DUERF 2023 matgemaach, eng insgesamt 896 Cyclisten (dorënner 14 Membere vu Gemengeréit) sinn iwwer 214.000 km gefuer.



An der Gemeng Waldbëlleg sinn 2 Teams aus 25 Cyclisten an den dräi Wochen 10.601 Kilometer (2017: 2.007 km; 2018: 7.280 km; 2019: 7.581 km; 2020: 8.947 km; 2021: 6.839 km; 2022: 5.092 km) gefuer. Dëst entsprécht der 0,27-facher Längt vum Äquator Dobäi konnten 1.505 kg $CO_2$ evitéiert ginn (d'Berechnung baséiert op 142 g pro Persounen-km).

Domadder huet d'Gemeng Waldbëlleg gutt ofgeschloss an de verschiddene Kategorien op nationalem Niveau. Resumé vun der nationaler Auswäertung vun der Gemeng Waldbëlleg:

- An der Kategorie „Fahrradaktivste Gemeinde mit den meisten Radkilometern pro EinwohnerIn" ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 2. Plaz vun insgesamt 65 Gemenge mat 5,46 km/Awunner.
- An der Kategorie „Fahrradaktivste Gemeinde mit den meisten Radkilometern" ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 6. Plaz vun insgesamt 65 Gemenge mat 10.601 km.
- An der Kategorie „Aktivste ParlamentarierInnen" ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 1. Plaz vun den insgesamt 65 Gemengen.

Fir dëst super Resultat e grousse Merci un all d'Participanten, fir Ären Asaz fir all eenzelne Kilometer, dee pedalléiert ginn ass.

Den 9. November 2023 huet de Schäffen- a Gemengerot d'Vëlosfuerer, déi fir d'Gemeng Waldbëlleg gefuer sinn, geéiert. No der Begréissung vun der Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer an der Presentatioun vun de Resultater vum Ingenieur Filipe Soares kruten si en Diplom iwwerreecht. Déi dräi bescht placéiert, den Här Marco Rings (1.808 km), den Här Sébastien Balbeur (1.636 km) a d'Madamm Laura Walch (1.556 km) kruten e Präis iwwerreecht.

TOUR DU DUERF
Responsabel fir meng Gemeng



**Um Tour du Duerf 2023 hunn deelgeholl:**

- Här Marco Rings (1.808 km)
- Här Sébastien Balbeur (1.636 km)
- Madamm Laura Walch (1.556 km)
- Madamm Olga Bartholomé
- Madamm Romaine Becker
- Här Christian Berens
- Här Louis Boonen
- Här Serge Boonen
- Madamm Chantal Dimmer
- Här Marc Feidt
- Här David Harpes
- Madamm Alexandra Helminger
- Madamm Marja Kool
- Här Philipp Lülsdorf
- Här Jim Muttesch
- Madamm Anne Nicolay
- Här Mike Niederweis
- Här Kevin Richard
- Här Jean-Marie Ries
- Madamm Ulrike Sauer
- Här Dietmar Schumacher
- Här Filipe Soares
- Här Frank Thielen
- Här Romain Tobes
- Madame Malou Wecker

Den nächsten Tour du Duerf kënnt 2024 bestëmmt. Dofir, wann et souwäit ass, umellen, matmaachen a Spaass hu beim Vëlofueren.

*Text a Fotoen: Filipe Soares*

# DURABILITÉ ET ENVIRONNEMENT

## Campagne de sensibilisation à l'environnement à l'école fondamentale de Waldbillig

### Objectifs

Cette campagne a été développée par l'Agence de l'énergie du Luxembourg afin de sensibiliser les élèves de l'école fondamentale aux sujets suivants :

- la transmission de connaissances sur l'environnement ;
- la création d'une attitude environnementale souhaitée ;
- la promotion d'un comportement qui respecte la nature.

### Le processus

Par le biais d'expérimentations, de devinettes, de jeux de rôles et aussi une excursion dans la chaufferie des écoles, les enfants comprennent et reconnaissent les rapports du changement climatique et apprennent à évaluer leur comportement pour ensuite l'adapter en conséquence. Mais l'impact de cette campagne est encore plus important car les enfants reçoivent après chaque leçon une fiche explicative contenant des informations plus approfondies et pertinentes qu'ils remettent aux parents. Ainsi, non seulement ceux-ci sont informés du projet, mais ceci entraîne une mise en question des habitudes quotidiennes dans les ménages ce qui a pour effet de multiplier le nombre de personnes visées par cette campagne.

Le projet s'intègre dans l'horaire habituel des cours par des leçons régulières de l'école fondamentale. Des petits devoirs à domicile préparent les élèves aux cours suivants.

Après avoir induit des comportements économes des ressources comme : l'énergie, l'eau et le papier, les élèves apprennent à se servir d'appareils de mesure comme le thermomètre, mesure de $CO_2$, luxmètre, de façon ludique et reçoivent ces appareils pour leur salle de classe.

### Durabilité

Chaque semaine un(e) élève est nommé(e) avec la charge de veiller sur l'éclairage, la ventilation et le chauffage des salles de classe.

Le projet comporte les modules suivants qui s'enchaîneront :

**Module 1 :** durabilité et effet de serre

**Module 2 :** sources d'énergie

**Module 3 :** chauffer et ventiler convenablement

**Module 4 :** économiser du courant électrique

**Module 5 :** la ressource eau

**Module 6 :** la ressource papier et quiz final

D'autres modules ainsi que le développement du projet pour d'autres classes d'âge sont prévus.

### Win-win

- Les promoteurs de cette campagne sont l'équipe climat de la commune ainsi que leur conseiller externe en énergie.

- La commune sensibilise les citoyens de demain pour une attitude et des actions durables pour l'environnement.

- Cette initiative est un élément important de protection du climat des communes et profite de la bonification du « Pacte climat ».

*Filipe Soares*

*Source : energieagence Lëtzebuerg*
*www.energieagence.lu*

# NACHHALTIGKEIT MACHT SCHULE
# Kampagne zur Umweltsensibilisierung in der Grundschule Waldbillig

## Die Ziele

Die drei Ziele der Umweltsensibilisierung bestehen darin:

- Umweltwissen zu vermitteln;
- bestimmte wünschenswerte Umwelteinstellungen auszubilden;
- umweltgerechtes Verhalten zu fördern.

## Ziele erreicht

Was $CO_2$ oder der Treibhauseffekt ist, wissen mittlerweile die Dritt- und Viertklässler der Grundschule Waldbillig. Ebenso kennt jeder Schüler den Zusammenhang zwischen dem Hochdrehen des Heizthermostats und dem Klimawandel.

Rückmeldung der Eltern: Die Schülerinnen und Schüler setzen das Erlernte in der Schule und Zuhause um.

## Der Weg

Mittels Experimenten, Exkursionen z.B. in die Heizzentralen der Schulen, Rätseln und Rollenspielen begreifen und erkennen die Kinder Zusammenhänge der Klimaerwärmung und lernen ihr eigenes Handeln entsprechend einzuschätzen, zu überdenken und anzupassen.

Das Projekt integriert sich mit regelmäßigen Terminen in den vorhandenen Stundenplan der Grundschulklassen. Durch zweisprachige, themenbezogene Elterninfos werden die Eltern mit ins Boot genommen.

Kleinere Aufgaben bereiten die Schüler auf das jeweils nächste Thema vor.

Im Anschluss an das spielerische Erarbeiten energieeffizienter Verhaltensmuster werden die Schüler in den Umgang mit Messgeräten (Thermometer, $CO_2$-Messgeräte) eingewiesen und bekommen diese zum dauerhaften Einsatz in ihrem Klassenzimmer ausgehändigt.

Die Nachhaltigkeit des Projektes ist gewährleistet, durch Lüftungs-, Heiz- und Lichtbeauftragte, die in den jeweiligen Klassen ernannt wurden.

Das Projekt umfasst derzeit die folgenden aufeinander abgestimmten Module:

**Modul 1:** Nachhaltigkeitssensibilisierung/Treibhauseffekt

**Modul 2:** Energiequellen

**Modul 3**: Richtig heizen/lüften

**Modul 4**: Strom sparen

**Modul 5:** Ressource Wasser

**Modul 6:** Papier – Großes Abschlussquiz

Weitere Module sowie die Ausweitung des Projektes in andere Altersbereiche sind angedacht.

## Win-win

- Treibende Kräfte für die Sensibilisierungskampagne sind das Klimateam der Gemeinde, sowie deren externer Klimaberater.

- Die Gemeinde sensibilisiert ihre zukünftigen Bürger für Überlegungen zum nachhaltigen Handeln.

- Die Initiative „Nachhaltigkeit macht Schule" ist ein wichtiges Element im Klimaschutz der Gemeinden und wird bei der Bewertung des Klimapaktes berücksichtigt.

*Filipe Soares*

*Quelle: energieagence Lëtzebuerg*
*www.energieagence.lu*




*Foto: NGPM Conny Bourgmeyer*

*Foto: Claude Agnes*

# SCHÖN & WILD! BLÜHENDE LEBENSRÄUME FÜR MENSCH & BESTÄUBER

In den vergangenen Jahrzehnten haben sowohl die Artenvielfalt der Insekten als auch deren Häufigkeit beachtlich abgenommen. Insekten sind die artenreichste Gruppe aller Lebewesen und machen rund 70 % der Tierarten weltweit aus. Sie sind damit ein wesentlicher Bestandteil der biologischen Vielfalt. Insekten erfüllen wichtige ökologische Funktionen in den Nahrungs- und Stoffkreisläufen wie z.B. als Blütenbestäuber, bei der Zersetzung von pflanzlichem und tierischem Material oder als Nahrung für andere Tiere. Die damit verbundenen Ökosystemleistungen haben eine hohe Bedeutung für uns Menschen, welche weit über die Bestäubungsleistung der Insekten hinausgeht[1]. Um diesem deutlichen Insektenrückgang entgegenzuwirken, engagiert sich die Gemeinde Waldbillig seit einigen Jahren aktiv durch das naturnahe Umgestalten der gemeindeeigenen Grünflächen.

Naturnahe Grünflächen, Hecken, Sträucher und Bäume machen unsere Städte und Dörfer attraktiver und lebenswerter. Die positiven Auswirkungen von naturnahen Grünflächen sind sehr vielfältig und reichen von Lebensraum- und Nahrungsangebot für Tiere und Pflanzen, über die Regulierung der Temperatur bis hin zur Reinigung der Luft. Naturnahe Grünflächen im Siedlungsbereich unterstützen sowohl die biologische Vielfalt als auch unsere eigene Gesundheit und begünstigen klimaangepasste Dörfer und Städte in Zeiten des Klimawandels[2].

### Umsetzungen in unserer Gemeinde

## Christnach „A Frongelt“

Im Jahr 2017 fanden erste Umsetzungen in der Gemeinde in Zusammenarbeit mit der biologischen Station des Natur- & Geopark Mëllerdall (NGPM) statt. In der Straße ‚A Frongelt‘ in Christnach wurden damals 16 Blumenbeete naturnah angelegt. Die etablierten Pflanzengesellschaften haben sich gut entwickelt, waren jedoch teilweise sehr graslastig und blieben zeitweilig relativ blütenarm. Daraufhin hat der NGPM zusammen mit dem Naturpaktteam und dem technischen Dienst der Gemeinde Waldbillig, im Rahmen des Umweltfonds-Projektes „D’Naturparken zu Lëtzbuerg – (een) Insekteräich“, am 3. November 2023 einen Workshop organisiert. Ziel dieser Aktion war es, zusammen mit den Bürgern, die bereits bestehenden Blühflächen durch Neueinsaaten und Neupflanzungen

*Foto: NGPM Maurice Schilling*



*Foto: NGPM Maurice Schilling*



aufzuwerten und gleichzeitig das entsprechende Fachwissen zu „naturnahem Grün" weiterzugeben. Frühjahrsblüher (Krokusse, Narzissen, Schneeglöckchen), einheimische Wildstauden (Wegwarte, Moschusmalve, Wiesensalbei, u.v.m.) und Wildblumeneinsaaten sollen während der Vegetationsperiode mehr Farbe in die Beete bringen, ganz nach dem Motto „schön & wild" Dies erfreut nicht nur das menschliche Auge, sondern bietet auch Insekten ein reichhaltiges Pollen- und Nektarangebot. Eine angepasste und differenzierte Pflege steigert zudem nicht nur die Akzeptanz bei den Einwohnern für diese so wertvollen Kleinstlebensräume, sondern bietet den Insekten zusätzlich zum Nahrungsangebot auch Nistmöglichkeiten, welche zu ihrem Fortbestand unabdingbar sind.

Unser besonderer Dank gilt dem technischen Dienst der Gemeinde Waldbillig, der Natur & Mënsch Sàrl, den Kindern aus „A Frongelt", den Einwohnern der Gemeinde für die schmackhafte Verpflegung und allen Teilnehmern des Workshops, welche tatkräftig und mit Begeisterung bei der Umgestaltung dieser Lebensräume mitgewirkt haben.

*Foto: NGPM Maurice Schilling*



**De „Krees" zu Chrëschtnech**

Weshalb wurde eine Neugestaltung des Kreisverkehrs in Christnach vom Naturpaktteam und der Gemeinde angedacht?

**Der Kreisverkehr bietet viel Potenzial zur naturnahen und insektenfreundlichen (Um-)Gestaltung:**

- Eyecatcher und Kreisverkehr mit Modellcharakter
- Arten- und strukturreicher Lebensraum auf kleinstem Raum - Inspiration für den heimischen Garten
- Ökologisch wertvoller und nachhaltiger Kreisverkehr mit standortgerechter, einheimischer Vegetation
- Insektenfreundliche Gestaltung durch Naturgarten-Elemente: Wildblumenwiese und -säume, Wildbienen-Nistplätze, Sandarium, Lesesteinhaufen/Trockenmauer, Totholzhecke; sowie durch Auswahl heimischer Wildpflanzen mit dem passenden Nektar- und Pollenangebot; und durch Verwendung von regionalem Material (Holz, Bruchsteine, Sand, ...)
- Sensibilisierung der Menschen für ökologische Zusammenhänge, für die Wahrung der biologischen Vielfalt und für die Schönheit arten- & strukturreicher Landschaften
- Initiative, die im Rahmen des Naturpaktes angerechnet wird






*Plan: Claude Agnes*

## Christnach Kreisverkehr

### Die Umgestaltung im Detail

Bei der naturnahen Umgestaltung des Kreisverkehrs in Christnach handelt es sich um ein Vorzeigeprojekt, bei dem veranschaulicht werden soll, wie viel für die Artenvielfalt und den Insektenschutz auf kleinstem Raum umgesetzt werden kann. Die neue grüne Insel enthält die wichtigsten insektenfreundlichen Naturgartenelemente. Sie wurde in vier verschiedene Bereiche eingeteilt, welche jeweils durch ein naturnahes Strukturelement voneinander getrennt sind. Es wurden artenreiche Wildblumeneinsaaten, frühblühende Knollen und bunte ausdauernde Wildstauden verwendet, um einen möglichst langen Blühaspekt über die ganze Wachstumsphase gewährleisten zu können. (Bezugsquellen für einheimisches Wildpflanzensaatgut und Wildstauden sind weiter unten aufgelistet).

Um optimale Wuchsbedingungen für die Wildpflanzen zu schaffen und um das Wachstum von Beikräutern zu erschweren, wurde der Boden ausgetauscht und durch Gemische aus Kalkschotter, Sand und Grünschnittkompost ersetzt. Dies mag auf den ersten Blick lebensfeindlich und kahl erscheinen, jedoch ist dies notwen-



Foto: Luc Kirsch



Foto: Luc Kirsch



Foto: NGPM Conny Bourgmeyer



Foto: Claude Agnes

dig, um ein Blütenmeer zu erschaffen. Im Gegensatz zu der geläufigen Annahme, dass ein „guter Mutterboden" mit vielen Nährstoffen sich am besten eignet, um eine artenreiche Blühfläche anzulegen, bevorzugen die meisten Wildblumen karge, nährstoffarme Böden, auf denen der Konkurrenzdruck weniger stark ist.

Bei den Strukturelementen, welche die vier Pflanzbereiche voneinander trennen, handelt es sich um Insektentotems, eine Trockenmauer, ein Sandarium und eine Benjeshecke.

Die Insektentotems sind geschnitzte Skulpturen, in welche Löcher mit unterschiedlichen Durchmessern (3 mm, 5 mm, 7 mm) gebohrt werden, damit diese von hohlraumbrütenden Wildbienen zum Nisten genutzt werden können. Ungefähr ein Viertel der bei uns lebenden Wildbienen legen ihre Brutröhren in Holz und Stängeln an. Die einfachste Art Insektennisthilfen zu bauen sind vertikal aufgestellte Holzstämme aus massivem Hartholz (z.B. Eiche, Kastanie, Robinie, ...).

Die Trockenmauer, ein von Menschenhand geschaffenes Biotop, bietet wärmeliebenden Tieren wie Zauneidechsen, Blindschleichen, Wieseln, Spinnen, Käfern, Wildbienen und vielen weiteren Arten einen Lebensraum.

Bei der Benjeshecke handelt es sich um eine Totholzhecke, bei der das Material, das beim Heckenschnitt anfällt, aufeinandergehäuft wird. Totholz kann somit sehr nützlich sein. Es kann zu einem Unterschlupf für viele verschiedene Tierarten werden. In einer Benjeshecke fühlen sich unter anderem Igel, Mäuse, Spinnen, Insekten und Vögel besonders wohl. Ein wertvoller Rückzugsraum, der die Artenvielfalt stärkt.

Das Sandarium, eine trockene, vegetationsarme und sonnenbeschienene Sandfläche, dient als Nisthabitat für eine Vielzahl an Bienen- und Einsiedlerwespenarten. Drei Viertel der Wildbienen sind Erdnister, sie legen ihre Brutröhren in Lehm und Sand im Boden und in Steilwänden an.

Die Freiflächen zwischen den Strukturelementen werden im Frühjahr mit unterschiedlichen Wildblumenmischungen angesät:

- Salzverträgliche Wildblumenmischung (100 % Blumen), im Außenbereich

- Magerrasenmischung, höchste Artenvielfalt auf magersten Standorten
- Blumenhecke Sylphe mit Futterpflanzen für Hummeln, Falter, Bienen und Vögel
- Blumenwiese (100 % Blumen), buntes Blütenmeer und hohe Artenvielfalt
- Schmetterlings- und Wildbienensaum, den ganzen Sommer lang Blüten

Bei der Anlage von naturnahen Flächen ist jedoch Geduld, Geduld und nochmals Geduld gefragt. Die meisten Wildblumen entfalten ihre volle Blütenpracht erst im Folgejahr nach der Ansaat. Um einen schnelleren Blühaspekt der Fläche zu erreichen, werden zusätzlich zu den Ansaaten auch Wildstauden in die Beete mit eingepflanzt, sowie Knollen im Außenbereich.

Seien Sie gespannt, wie aus einer geschotterten Fläche ein blühendes Insektenreich entsteht!



Foto: NGPM Conny Bourgmeyer

**Bezugsquellen für regionales Saatgut und einheimische Wildpflanzen:**

- Saatgutmischungen „Wëllplanzesom Lëtzebuerg", *www.sicona.lu/projekte/saatgut/* (siehe „Verkaufsstellen der LUX-Mischungen für den Siedlungsbereich")
- Webshop der Firma Rieger-Hofmann GmbH, Saatguthersteller gebietseigener Wildblumen und Wildgräser, *www.rieger-hofmann.de*
- Webshop der Wildpflanzengärtnerei Strickler GmbH, *www.gaertnerei-strickler.de*
- CNDS Services de l'entraide, 14, in den Allern L-9911 Troisvierges
- Lëlljer Gaart (Gartenatelier/atelier de jardinage), 30 Duarrefstrooss L-9762 Lullange
- Forum pour l'emploi – am Gaertchen, Site Bastendorf - Am Eck L-9351 Bastendorf

Foto: NGPM Maurice Schilling



Die Pflege im ersten Jahr von solchen naturnahen Blühflächen entscheidet maßgeblich über den zukünftigen Erfolg oder Misserfolg.

Weitere Infos über die Anlage und/oder Pflege von naturnahen Blühflächen erhalten Sie unter:
*www.insekten.lu*
oder beim Natur- & Geopark Mëllerdall,
8, rue de l'Auberge L-6315 Beaufort,
Tel. 26 87 82 91-1, *info@naturpark-mellerdall.lu,*
*www.naturpark-mellerdall.lu.*

Unser besonderer Dank gilt, auch für diese Umsetzung, dem technischen Dienst der Gemeinde Waldbillig und der Natur & Mënsch Sàrl für die tatkräftige Unterstützung bei der Neugestaltung des Kreisverkehrs.

All diese Umsetzungen können im Rahmen des Naturpakts angerechnet werden. Der Naturpakt hat das Ziel den Natur- und Wasserschutz in den Gemeinden zu fördern. Hier arbeitet die Gemeinde Hand in Hand mit dem Natur- & Geopark Mëllerdall zusammen, um diesem gerecht zu werden.

*Text: Conny Bourgmeyer*

*Quellen:*
*1: www.bfn.de*
*2: Praxisratgeber: Anlage von naturnahen Grünflächen im Siedlungsbereich, J. Welfring*



Foto: Damaris

# WAT ASS LASS? //
# *QUE FAIRE ?*

## AGENDA

***D'Manifestatioune stinn um Site vun der Gemeng, wou een all Detailer gewuer gëtt, am Agenda ënner <Loisirs>.***

**Dënschdes, den 13. Februar:**
Eeër ophiewe mat de Frënn vun de Pompjeeën.

**Freides, den 1. Mäerz vu 16:00 bis 19:00 Auer:**
Kannerfuesbal, organiséiert vun der Elterevereenegung, am Hangar zu Waldbëlleg.

**Samschdes, de 17. Februar um 19:00 Auer:**
Buergbrennen, bei der Hal zu Waldbëlleg, organiséiert vun de Frënn vun de Pompjeeën.

**Sonndes, den 18. Februar um Hougeriicht:**
Buergbrennen, organiséiert vum Club des Jeunes.

**Sonndes, den 10. Mäerz um 17:00 Auer:**
Recital mat Autumn Le Lievre (Harf) a Robin Alder (Uergel).

**Mëttwochs, den 20. Mäerz:**
Generalversammlung vu Jonk an Al am Touristzenter op der Heringer Millen.

**Sonndes, den 31. Mäerz:**
Ouschtereeërsich op Ouschtersonndeg fir Kanner am Mëllerdall, vun 11:00 bis 11:30 Auer.

**Samschdes, den 20. Abrëll:**
20. Editioun vum Knëppelbal, organiséiert vum Club des Jeunes.

**Samschdes, den 8. Juni:**
Paëlla-Owend vum FC Olympia Christnach-Waldbillig.

**Mëttwochs, den 12. Juni:**
Porte ouverte Mammendag vu Jonk & Al Gemeng Waldbëlleg am Touristzenter op der Heringer Millen.

**Donneschdes den 20. Juni:**
De FUUSS 2024-2 kënnt eraus.

**Freides, den 12. Juli:**
Schoulfest vun der Elterevereenegung Waldbëlleg am Centre sportif et culturel Waldbëlleg.

**Sonndes, de 14. Juli:**
Duerffest zu Waldbëlleg.

**Den 8., 9. an 10. August:**
Summertournoi vum FC Olympia Christnach-Waldbillig.

**Den 19. Oktober:**
Wëldiesse beim FC Olympia Christnach-Waldbillig.

**De 27. Oktober (à confirmer):**
A-Cappella Chouerconcert ënner der Leedung vum Nicolas Billaux. Org: Uergelfrënn

**Den 22. November:**
Beaujolais- a Kéisowend
beim FC Olympia Christnach-Waldbillig.

## GEMENGEROT

D'Sëtzunge vum Gemengerot si fir d'Zäit vun den Ausbauaarbechten um Hentgesbau am Veräinsbau zu Chrëschtnech. Jiddweree ka kucken a lauschtere kommen.

Fir ze wëssen, ob déi Datumer effektiv esou kënnen agehale ginn, kuckt am **digitale Raider** op *https://waldbillig.lu* ënner Quotidien.
Do steet och den Ordre du jour.

Déi nächst Sëtzung ass den **22. Februar um 18:00 Auer**.
Déi Terminer drop ginn am Raider publizéiert.




*Foto: Damaris*

## RESTAURANTEN A CAFÉ

D'**Brasserie Heringer Millen** ass zou.

No zéng Joer hunn d'Marie-Louise Engeldinger an de Lars Fiebig e Schlussstréch ënnert hir Heringer Mille gezunn. Et war e grousse Succès. Hir Clienteën a Clienten halen si a gudder Erënnerung.
D'Gemeng sicht no engem neien Exploitant vum Restaurant am Mëllerdall.

Den **Hotel Le Cigalon** ass am Congé annuel bis Mäerz 2024.

Hir regulär Ëffnungszäite si vu mëttwochs bis sonndes vun 11:00 Auer bis owes 22:00 Auer.

E-Mail: *cigalon@pt.lu*
Internet: *www.lecigalon.lu*

De **Café Dina** zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. Iessen op Bestellung.
Tel. 621 31 83 69.

D'**Casa da Sangria** um Chrëschtnecher Golf ass all Dag owes op vun 18:00 bis 22:00 Auer.
Bei schéinem Wieder kann een op der Terrass sëtzen.
Si liwweren och heem.

Adress: Casa da Sangria, 46, am Lahr,
L-7641 Chrëschtnech. Tel. 661 66 20 22.



*Foto: Georges Koster*

DE FUUSS
**als PDF online!**



Foto: Damaris

WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG